



► **Mme Viviane Loschetter** (*déi gréng*).- Merci, Här President. Ech wollt eigentlech just den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet ginn an der Rapportrice, der Madame Dall'Agnol, Merci soen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci der Madame Loschetter. An dann huet d'Wuert den Här Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Villmools Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, et ass e Projet, deen eisem Land bestëmmt guttdeet. Dofir ass d'Regierung duerch d'Madame Gesondheetsminister vertrueden, wat eis hei freet.

Ech wollt awer am Numm vun der ADR e puer Bemerkungen hei ubréngen, well dee Projet ass interessant ze liesen, mä et sinn awer eng Rei Froen dran, déi awer kënne Suerge maachen.

Dat Éischt ass de Prinzip vun der Coopération renforcée an dëser Matière. Mir gesinn d'Ursaach, firwat hei eigentlech eng Coopération renforcée gemaach gëtt - ech soen der Madame Dall'Agnol Merci fir dee Rapport, dee se gemaach huet, well si huet dat jo och duergestallt -, eigentlech doranner, fir zwee „Einsprucher“ vun der Europäescher Unioun ze émgoen. Well ouni déi Instance vu Spuenien a vun Italien op hir Sproochen, wat mir awer legitim schéngt, hätte mer net op eng Coopération renforcée an dëser Matière missen zréckgräfen.

D'Fro un d'Regierung ass also, oder eng éischt Fro un d'Regierung ass, ob dat doten net och e bëssen en Détournement vun der Idée initiale vun der Coopération renforcée war, an ob et och am Sënn vun engem Land wéi Lëtzebuerg ass, fir eng Coopération renforcée zouzeloossen, fir de Sproocheregime, deen awer allgemeng an der Europäescher Unioun gëllt, fir deen awer ze ënnerlafen.

Eng zweet Fro sinn déi Considérations, déi am Rapport stinn iwwert d'Traduktioun. Hei gëtt eigentlech gesot: Mir gräfen zréck op eng Traduction par ordinateur, no enger gewësser Zäit ass et nëmmen nach Traduction par ordinateur an d'Traduction humaine soll d'Ausnahm ginn.

Ass dat eng Entwécklung, déi mir wierklech wellen? Ass et eng, déi mer mënschlech kënnen akzeptéieren? Ass et eng, déi mer als zouverlässeg gesinn? An ass et net och e Risiko an engem gewësse Sënn fir de Siège fir Lëtzebuerg, well jo awer trotzdem beim Siège, och mam Centre de traduction vun der Unioun, awer e wichtege Aspekt, e wichtege Facteur eben déi mënschlech Traduktioun ass?

Et ass also eng zweet Fro, wou mer eis Froen stellen, ob dëst blannet Vertrauen, wat hei an d'Traduction par ordinateur gesat gëtt, ob dat wierklech justifiéiert ass.

Eng drëtt Considération huet mam Siège Lëtzebuerg ze dinn. Mir freeën eis natierlech, wéi jiddwereen heibannen, datt de Siège duerch dëse Gerichtshaff verstärkt gëtt. Dofir stëmme mer dat och mat. Mä zur Diskussioun steet awer och d'Institution, also d'Infrastrukturen, déi mer als Lëtzebuerg mussen zur Verfügung stellen. Mir hunn dat schonn an aneren Diskussiounen hei gehat, den EFTA-Gerichtshaff, elo kënnt deen heiten iwwer Breveten derbäi, mä dee Klänge Kueb, un dee geduecht gëtt och an dësem Fall, deen ass eigentlech iwwerhaapt net géeeigent, fir esou Infrastrukturen a Gerichtshaff ënnerzebréngen. A wa mer wellen eng kredibel Siigepolitik zu Lëtzebuerg hunn, da mussen mer eis awer iwwerleeën esou lues, ob mer net missten de Klänge Kueb esou ëmbauen oder Infrastrukturen schaffen, déi et méiglech maachen, fir esou engem Siège en anstännege Kader ze ginn.

Dann an den Dispositiounen, déi am Accord selwer virgesi sinn, an notament am Artikel iwwert d'Revisioun vum Traité, do steet jo dran, datt eng Revisioun méiglech ass och géint de Vote vu Lëtzebuerg. De Statsrot huet dat akzeptéiert, mat där Aschränkung, datt et jo da méiglech ass, eng Statekonferenz anzeberufen. Mä wann dat souwisou de Fall ass, wann déi Méiglechkeet virgesinn ass, da froe mir eis als ADR, firwat net den Artikel 87 direkt de Konsensus virgesinn huet, zemoos well jo och déi Question de siège ka beträff sinn.

Eng lescht Fro, déi mer wëlle stellen, dat ass déi vun der Berodung an dem Rechtsschutz fir Lëtzeburger, déi e Patent umellen. Ech mengen,

et wier eng wichteg Aufgab fir d'Regierung och, fir deene Leit, déi hei op hir Propriété intellectuelle wellen zréckgräfen, fir déi och esou ze beroden, datt déi Patenter a beschtméigleche Konditiounen kënnen ugemellt ginn. Dat heescht, et soll een eng Rechtsberodung kréien, wat elo dee beschte Wee ass: de Brevet unitaire européen oder deen aneren traditionelle System.

An dann, erlaabt mer nach eng lescht Bemerkung vu politescher Natur. Wa mer dee Rapport liesen, da gesi mer, datt awer Milliounen fir Lëtzebuerg um Spill stinn. Et kascht eis - wéi gesot, mir akzeptéieren de Prinzip ganz gär -, mä et kascht eis an zwou Hsiichten. Dat Éischt ass, datt mer op gewëss Recetten iwwert deen aktuelle Brevetsystem mussen verzichten. An deen aneren Aspekt ass eben deen, datt mer an de Siège vun deem zukünftege Gerichtshaff investéieren.

Wat awer sécher net gutt ass an der Formulatioun vun dësem Rapport oder vun dem Projet de loi, wéi d'Regierung eis e proposéiert, dat ass, datt eng Rei vu Milliounen u Recetten einfach als négligeabel duergestallt ginn. Wann een hei d'Diskussiounen iwwert den Zukunftspak matgemaach huet, wou mer eng Regierung hunn, déi hei 10.000 Euro hält, do 50.000 Euro an 259 Mesuren zesummestellt, vun deenen der ganz vill nëmmen e puer Dausend Euro erginn, déi awer och kënne Leit wéidoen, déi sollt dach, wann ech gelift, net an engem Projet de loi schreiwen, op där anerer Säit, dass e Verloscht vu Recetten a Milliounen héicht négligeabel ass. Ech mengen, dat wär net gerecht géigeniwwer deene Leit, déi musse Sacrificen hinuelen am Kader vum Zukunftspak.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Kartheiser. Domat si mer um Enn vun eiser allgemenger Diskussioun, an d'Wuert huet d'Regierung, wa se d'Wuert wëllt. Den Här Ausseminister huet d'Wuert.

**Prise de position du Gouvernement**

► **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères et européennes*.- Also, ech mengen, deen Débat, deen ass an d'Déift hei gaangen a mer wäerten...

(**Hilarité**)

Ech hunn net grad alles matkritt, mä mir kucken alles no, och wat den Här Kartheiser gesot huet. Ech wëll awer och der Rapportrice, der Madame Claudia Dall'Agnol, e grouse Merci soen. A wann iergendee Problem ass, da wäert d'Regierung och do sinn, fir dann dono ze kucken. Mä alles, wat gutt ass fir de Siège fir Lëtzebuerg, ass och gutt fir Lëtzebuerg.

Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci dem Här Ausseminister. Mir géifen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6696 iwwergoen.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6696 et dispense du second vote constitutionnel**

An d'Ofstëmmung fänkt direkt un. Déi perséinlech Stëmmen. An d'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass elo ofgeschloss.

Mir hunn 58 Deputéiert, déi um Vote deelgeholl hunn. De Verdikt ass unanime fir de Projet 6696.

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrigh-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Nancy Arendt) et Laurent Zeimet;*

*MM. Marc Angel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdig, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot (par M. Roger Negri), Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Eugène Berger), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;*

*MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;*

*MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.*

Domat bleift just d'Fro, ob Der mat der Dispens vum zweete Vote d'accord sidd.

(**Assentiment**)

Dann ass dat esou décidéiert. Merci villmools.

Mir géifen dann zu dräi Projeten iwwergoen, dat sinn d'Projeten 6730, 6731 a 6732. Et geet do all Kéiers ëm international Accorden: mat Georgien, mat Moldawien a mat der Ukrain. Mir wollten déi dräi Projeten zesummefaassen an engem Débat nom Modell 1. An d'Rapportrice vun de Projeten, d'Madame Dall'Agnol, huet direkt d'Wuert.

**8. 6730 - Projet de loi portant approbation de l'accord d'association entre l'Union européenne et la Communauté européenne de l'énergie atomique et leurs États membres, d'une part, et la Géorgie, d'autre part, signé à Bruxelles, le 27 juin 2014**

**6731 - Projet de loi portant approbation de l'accord d'association entre l'Union européenne et la Communauté européenne de l'énergie atomique et leurs États membres, d'une part, et la Moldavie, d'autre part, signé à Bruxelles, le 27 juin 2014**

**6732 - Projet de loi portant approbation de l'accord d'association entre l'Union européenne et la Communauté européenne de l'énergie atomique et leurs États membres, d'une part, et l'Ukraine, d'autre part, signé à Bruxelles, le 27 juin 2014**

**Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration**

► **Mme Claudia Dall'Agnol** (*LSAP*), *en remplacement de M. Marc Angel (LSAP), rapporteur*.- Merci, Här President.

(**Interruption par M. Fernand Kartheiser**)

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Et ass gutt, ech zéien dat zréck, Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Ech hunn näischt héieren!

► **Mme Claudia Dall'Agnol** (*LSAP*), *en remplacement de M. Marc Angel (LSAP), rapporteur*.- Dat heescht, ech... Hunn ech d'Wuert?

(**Interruption**)

Okay, dann huelen ech emol e Schotz.

Merci, Här President. Wéi Der ganz richtig sot: Dir braucht mer nëmmen nach eng Kéier nozelauschteren, mir maachen dat heiten an engem Rapport. Ech vertrieeden dann op dëser Plaz och deen eigentleche Rapporteur vun de Projet-de-loien, eise Kolleg a Frënd, de Marc Angel, deen, wéi Der jo wësst, de leschte Freideg Äffer vun engem klengen Accident ginn ass. Et geet em awer gutt an ech ginn dovunner aus, datt de Marc Angel elo viru Chamber-TV sëtzt, fir ze kucken, ob ech en hei würdeg vertrieede wäert.

(**Brouhaha**)

Dat dierft Dir dann herno jugéieren, ob dat esou war. Mä ech profitéieren op alle Fall nach eng Kéier, fir em vun eis alleguerten eng gutt Besserung ze wënschen an em ze wënschen, datt e séier erëm hei ass an d'nächste Kéier seng Rapporten da selwer hei ka virstellen.

► **Une voix**.- Très bien!

► **Mme Claudia Dall'Agnol** (*LSAP*), *en remplacement de M. Marc Angel (LSAP), rapporteur*.- Här Minister, léif Kolleeginnen a Kolleegen, bei deenen dräi Projets de loi, iwwert déi mer dann elo wäerte schwätzen, handelt et sech ëm dräi Accords d'association, tëscht der Europäescher Unioun a Georgien, der Republik Moldau an der Ukrain.

Dës dräi Accorde gehéieren zu enger neier Generatioun vun Accorden, déi mat de Länner vun der Estlecher Partnerschaft ofgeschloss ginn. Déi Estlecher Partnerschaft, dat wësst Der, déi ass 2009 an d'Liewe geruff ginn a si ass am Zesammenhang ze gesi mat der Europäescher Noperschaftspolitik, déi hirersäits 2004 entwéckelt gouf.

D'Zil vun all deene Beméiungen ass et, zesummen ze kooperéieren, d'Zesummenaarbecht op politeschem, ekonomeschem, soziale a kulturellem Plang ze verdéiwen, fir esou e Bäitrag zu méi Stabilitéit, Sécherheet an awer och Wuelstand an deene betreffende Regiounen ze leeschten.

D'Europäesch Noperschaftspolitik steet an engem direkte Lien zur EU-Osterweiderung och vun 2004. Esou si vun deenen dräi Partnerlänner, iwwert déi mer haut schwätzen, duerch dës Osterweiderung zwee Staaten direkt Nopere vun der Europäescher Unioun ginn: éischtsen d'Ukrain, déi mat Polen, der Slowakei, Ungarn a Rumänien, mat véier EU-Memberstaten, ge-

meinsam Grenzen huet. D'Republik Moldau grenzt just un een EU-Memberstat, u Rumänien, während da Georgien e bësse méi wäit am Oste läit a keng gemeinsam Grenz mat engem EU-Memberstat huet.

D'Europäesch Noperschaftspolitik genau wéi och déi regional Estlecher Partnerschaft wéi och elo déi bilateral Ofkommesse mat deenen dräi State bidden de concernéierte Länner eng privilegiéiert Partnerschaft, déi op der Unerkennung vu gemeinsame Wäerter berout an déi dës Wäerter dann och fërdere soll: Demokratie, Mënscherechter, Rechtsstaatlechkeet, „good governance“, d'Prinzipie vun der Maartwirtschaft an der nohalteger Entwécklung. D'Unnäherung vun dëse Länner un d'Europäesch Unioun gëtt gefërdert genau wéi och d'Kooperatioun tëscht de Partnerlänner ënnereneen.

Nieft deenen dräi Staten, ëm déi et hei geet, gehéieren och nach Armenien, den Aserbaidshan a Wäissrussland zur Estlecher Partnerschaft. En Accord mat Aserbaidshan ass amgaangen, ausgehandelt ze ginn, mä den ekonomesche Volet kënnt net virun, soulaang den Aserbaidshan net der OMC bäigetrueden ass.

Bei Armenien ass et d'Décisioun, der eurasescher Zollunioun bäizetrieden, déi hei e Weiderkomme verhënnert. Dee fäerdeg verhandelten Accord mat Armenien konnt net paraphéiert ginn, well eng Membership an enger Zollunioun net kompatibel mat engem EU-Fräihandelsafkommisse ass.

Mat Wäissrussland ass guer net verhandelt ginn, dat och, well d'Randifikatioun vum Accord de partenariat et de coopération mat deem Land schonns säit 2007 agefuer ass. Problematesch sinn a Wäissrussland d'Situatioun vun de Mënscherechter, Repressiounen géint d'Zivilgesellschaft - elo muss ech wierklech e Schotz huelen, soss geet et net méi -, d'Oppositioun an d'Medien an Onregelméissegkeete bei de Wahlen.

Déi dräi nei Accords d'association mat Georgien, mat der Republik Moldau a mat der Ukrain remplacéieren d'Accords de partenariat et de coopération, déi mat dëse Länner an der zweeter Halschent vun den 90er Joren ofgeschloss gi waren.

Deen Accord, deen der Effentlechkeet sécherlech am bekanntesten ass, betrëfft dee mat der Ukrain, an dat natierlech weinst der Virgeschicht vun deem Accord an der ganz kritischer Situatioun an der Ukrain, déi ganz Europa säit méi wéi engem Joer intensiivt beschäftegt. Méi dozou wäert ech dann um Enn vu menger Interventioun enimmen.

Déposéiert goufen dës Projet-de-loien den 21. Oktober d'lescht Joer, och vun eisem Ausseminister, dem Jean Asselborn, dee jo och de Mëtteg hei ass. Den 19. Januar dëst Joer sinn dës dräi Projet-de-loien an der aussepolitescher Kommissioun presentéiert ginn, an de Marc Angel, deen ech jo hei vertrieeden, gouf deemools och Rapporteur genannt. De Statsrot huet d'Projet-de-loien de 6. Februar aviséiert a säin Averständnis ginn. An den 9. März schlussendlech goufen d'Rapporten zu dësen dräi Projet-de-loien an der aussepolitescher Kommissioun ugeholl.

Elo eppes zum Contenu vun dësen Accorden. All dës Accorde beinhalten e politeschen, mä awer och en ekonomesche Volet. Si gesinn eng breet Zesummenaarbecht an alle méigleche Politikfelder vir an doriwwer eraus d'Aféiere vun enger verdéierter an ëmfaassender Zone de libre-échange, déi Georgien, der Republik Moldau an der Ukrain en Accès zum Marché intérieur vun der EU erlabe sollen.

Déi dräi Accorde sinn Dausende Säite schwéier a si enthalte fir d'Éischt ëmmer eng Präambel, en éischten Artikel mat den Ziler an dann ee Kapitel iwwert déi generell Prinzipien, iwwert d'Valeur vun der Kooperatioun: de Respekt vun den demokratesche Prinzipien, de Mënscherechter an de Grundfräiheeten, d'Prinzipie vun der Maartwirtschaft, der nohalteger Entwécklung an engem wierksame Multilateralismus.

Essenziell sinn natierlech och de Respekt vun de Rechtsstatsprinzipien, eng gutt Regierungsféierung, d'Fërdere vu gudden Noperschaftsrelatiounen, d'Kooperatioun bei der Preventioun an der Bekämpfung vu Korruptioun a vun organisiéierter Kriminalitéit.

D'Accorde gesinn iwwerdeems e politeschen Dialog vir an alle gemeinsamen Domaines d'intérêt, dorënner och, wat d'Froe vun der Ausen- a Sécherheetspolitik ubelaangt wéi och innenpolitesche Reformen. Bei dësen innenpolitesche Reforme geet et méi prezis ëm de Rechtsstat, d'Mënscherechter, déi demokratessche Institutiounen, ëm d'Justizwiesen an eng effikass a virun allem och transparent Fonctioun publique.

D'Accorde gesinn dann alleguerten eng Zesummenaarbecht am Beräich vun der Justiz,





der Fräiheet, mä awer och der Sécherheet vir. Dat betrëfft zum Beispill d'Kooperatioun am Domän vum Asyl, de Migratiounen a vun der Grenzsécherheet, der Bekämpfung vun der organisierter Kriminalitéit, vu Korruptioun an natierlech och vun Terrorismus.

Donieft ass an all Accord eng sektoriell Zesummenaarbecht an deene verschiddenste Politikfelder ageschriwwen. Dat si grosso modo ëmmer déiselwecht Domänen, ëm déi 30 Stéck, déi an deene jeeweilege schrëftleche Rapporte vum Rapporteur, dem Marc Angel, genee opgeléicht sinn.

D'Accorde schafen eng Plattform vun den Zivilgesellschaften, déi dem jeeweilege Conseil d'association Recommandatioune kënnen ënnerbreeden. Dee Conseil d'association iwwerwaacht a begleet d'Applikatioun, d'Ëmsetzung an de Fonctionnement vun den Accorde par rapport zu sengen Ziler. E setzt sech zesummen aus Membere vum Rot vun der EU a Membere vun der Europäescher Kommissioun engersäits, a Membere vun der Regierung vum betreffende Stat anersäits.

Et ass och an all Accord eng parlamentaeresch Dimensioun virgesinn, déi vun europäescher Säit aus vum Europäesche Parlament assuréiert gëtt. Et ginn och, wéi iwwerlech, Mechanismen, fir Differenze bäizeleeën, wann ieren esou Differenzen iwwert d'Ausleeung oder d'Ëmsetzung vun deenen Accorden optauchen, an et ginn och Monitoringmechanismen, déi et erlaben, kontinuéierlech d'Progrès bei der Ëmsetzung vun deenen Accorden ze suivéieren.

Wesentlech bei deenen dräi Accorden ass jeeweils d'Aféiere vun der verdéiften an ëmfaassender Zone de libre-échange - op Englesch heescht dat „Deep and Comprehensive Free Trade Area“ -, déi méi wäit geet wéi eng klassesch Zone de libre-échange. Nieft der Fëderung vum Handel an den Investisementer, notament eben duerch d'Ewechfale vun den Zolltariffer, gëtt eng Assistance offréiert, wat d'Reformen am Beräich vun der Handelspolitik ubelaangt, dat mam Zil, fir zu méi Wuesstum a Kompetitivitéit an de Partnerlänner bäizedroen.

Am Fall vun der Ukrain ass d'Ëmsetzung vun der Zone de libre-échange bis den 31. Dezember 2015, dës Joer also, ausgesat ginn, wat e Resultat war vun de Gespräicher tëscht der EU, der Ukrain a Russland vum September 2014.

Här Minister, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Zesummenaarbecht mat deenen dräi Länner ass e Prozess, eng Reformagenda, där mer mat de betreffenden Accorden e rechtliche Kader ginn. Virun allem intern Reformen an de Partnerlänner ginn heimat encouragéiert. Tout court geet et bei deenen Accorden ëm eng ëmfaassend Moderniséierung vun deenen Länner. A mir wëssen, datt et op deem Niveau an der leschte 25 Joer gehappert huet.

Net nëmmen d'Europäesche Unioun, mä och déi dräi Länner sinn der Meinung, datt de Wee vu Reforme sech am Endeffekt loune wäert, och wann e laang a beschwéierlech riskéiert ze ginn. Dat gesäit een net zulescht, wann ee kuckt, wéi positiv sech déi baltesch Länner entwéckelt hunn, oder Polen, alles Länner, an deenen d'Liewensbedéngunge vun de Mënsche viru 25 Joer kaum besser waren, wéi se haut a Georgien, der Republik Moldau an awer och an der Ukrain sinn.

Nach e puer Wieder iwwert den Timing an d'Opportunitéit, dës Accorden ebe just elo ze ratifizéieren. Dat betrëfft virun allem, dat wonert lech sécher net, den Accord mat der Ukrain. Mä loosse mer net vergiessen, datt och Georgien an d'Republik Moldau an territorial Konflikter verwickelt sinn, an deene Russland eng net onwesentlech Roll spillt.

Den Accord, iwwert deenen d'Europäesche Unioun an d'Ukrain am Dezember 2011 am Fong d'accord waren, ass 2012 vun der respektive Verhandlungsdelegatioun paraphéiert ginn, mä et war schlussendlech de Verzicht vun deenen deemolege politesche Responsabele vun der Ukrain, deenen Accord ze ënnerschreiwen, deen eng innenpolitesch Kris ausgeléist huet.

Mir kennen alleguerten d'Evenementer, déi déclenchéiert goufen: Masseprotesten um Majdan, d'Flucht vum President Janukowytsch, d'Bildung vun enger Iwwergangsregierung, Neiwahlen an déi militäreschen Ausenansetzung mat bis elo scho villen Doudesoffer.

D'Ratifikatioun vun deenen Accorde geschitt also an enger Zäit vu schwéierer Kris. Dat soll wuel berücksichtegt ginn, awer net dozou féieren, datt dee ganzen Accord komplett a Fro gestallt gëtt. Mat der Iwwergangsregierung an duerno deem neie President Poroschenko gouf d'Kooperatioun tëscht der Ukrain an der Europäescher Unioun jo erëm relancéiert.

De politesche Volet vum Accord gouf am März 2014 ënnerschriwwen, den ekonomesche Volet de 26. Juni zu Bréssel, iwwregens

zäitgläich mat den Accorde mat Georgien a mat der Republik Moldau. Eng grouss Majoritéit vun den Deputéierte vum Europäesche Parlament huet de 16. September 2014 fir den Accord mat der Ukrain gestëmmt. 535 Deputéiert waren derfir, 127 dergéint, a 35 vun hinne hu sech enthalen, dat Ganzt iwwregens deeselwechten Dag, wéi dat ukrainescht Parlament Jo gesot huet. Déi zwee Parlamenten waren deen Dag iwwer eng Videokonferenz matenee verbonnen.

Mat deenen Ofstëmmunge si mer dem Endpunkt vun engem Prozess méi no komm, dee säit 2007 leeft. Et war nämlech 2007, wou de Conseil der Kommissioun d'Autorisatioun ginn huet, fir mat deene Verhandlungen unzefänken. Mir sinn also elo no beim Schlusspunkt no laangjährege Verhandlungen, déi scho laang virun der Kris an der Ukrain ugefaangen hunn.

Den Ofschloss vum Accord ass den Ofschloss vun enger Zesummenaarbecht vun der Europäescher Unioun mat engem souveräne Stat, déi zu kengem Zäitpunkt géint Russland geriicht war. Am Contraire, mir wëssen all, datt gutt Relatiounen mat Russland vu wesentlecher Bedeitung sinn, esouwuel fir d'Europäesche Unioun an hir Memberstate wéi och fir Georgien, d'Republik Moldau an d'Ukrain. Besonnesch d'Hierstelle vun enger friddlecher a stabiler Regioun ass net ouni eng gutt Kooperatioun mat Russland ze maachen.

Méi politesch an ekonomesch Zesummenaarbecht tëscht der Europäescher Unioun an deenen dräi Länner soll awer net verhënnern, datt dës Länner an Zukunft weider intensiv mat Russland zesummeschaffen.

Anerersäits ass et awer och esou, datt Russland ebe just net d'Recht huet, d'Kooperatioun tëscht der Europäescher Unioun an deenen dräi Staten am Kader vun deenen Accords d'association ze stéieren. Déi dräi Länner, déi hunn e Recht op Selbstbestëmmung a kënnen dobäi op d'Solidaritéit vun der EU zielen.

D'Suerge vu Russland iwwert d'Konsequenze vum Accord d'association mat der Ukrain op déi russesch Ekonomie sinn iwwregens dueraus eescht geholl ginn. Am Kader vun den trilaterale Konsultatiounen tëscht der Unioun, der Ukrain a Russland ass jo am September 2014 decidéiert ginn, d'Akraaftriede vun der Zone de libre-échange bis op den 1. Januar 2016 ze reportéieren. Dat, fir Zäit ze hunn, déi russesch Bedenke genee ze iwwerpräifen.

Dës Report ass en Zeeche vu guddem Wëlle vun der EU, déi weist, datt se op ass fir de politeschen Dialog, wat sécherlech net evident ass, wann een déi inakzeptabel Aktioun vu Russland a leschter Zäit am Hannerkapp behält, sief et d'Annexioun vun der Krim zimlech genee virun engem Joer oder de Rôle vu Russland an der Ostukrain.

Et geet eben net nëmmen ëm Russland an dës Diskussioun, mä och ëm d'Ukrain, déi de klere Wëllen huet an och d'Recht huet, dës Rapprochement zur Europäescher Unioun ze maachen. Dës, well se sech eppes vun där Zesummenaarbecht erwaart: eng oppen a fräiheetlech Gesellschaft, méi Demokratie, méi Wuelstand a sozial Rechter.

Et ginn e puer Grënn, firwat Lëtzebuerg d'Ratifikatioun vun deenen dräi Accorden als Prioritéit ugesäit, déi et séier ëmsetze gëllt. Éischstens, well dës Accorde wichteg sinn - dat hunn ech elo hei en long et en large beschriwwen - a well mer scho säit laange Jore mat de betreffende Länner op den Ofschloss vun deenen Accorden hischafften.

Wat elo just den Accord mat der Ukrain ubelaangt, do ass en Akraaftriede vum Accord virun Enn des Joers néideg, wa verhënnert soll ginn, datt d'Dispositiounen iwwert d'Zone de libre-échange eng weider Kéier reportéiert musse ginn. Mir hoffen natierlech entre-temps, datt déi trilateral Consultatiounen zu konkrete Resultater wäerte féieren.

Last but not least handelt et sech ëm eng Prioritéit, well Lëtzebuerg am zweeten Hallefjoer 2015 - dat wësst Der - d'Présidence vun der Europäescher Unioun huet an en plus, well den 21. an den 22. Mee, also zimlech genau an zwee Méint, de Sommet vum Partenariat orientalt zu Riga ass.

Als verlässleche Partner an der Europäescher Unioun gehéiert et sech nun emol, seng Hausaufgabe séier a seriö ze maachen, also dës Accorde séier duerch eis national Instanzen ze schécken, ouni dobäi awer den Inhalt ze vernellesegen.

Voilà, Dir Dammen an Dir Härren, dat gesot, hoffen ech, datt Der der Meinung sidd, datt ech de Rapporteur, de Marc Angel, hei würdeg vertritt hunn. Ech profitéieren dann och dovunner, fir den Accord vun der sozialistescher Fraktioun zu deenen Accorden ze ginn an ech soen lech Merci, datt Der mer esou laang nogelasschert hutt.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och der Madame Rapportrice. An d'Wuert huet direkt den Här Laurent Mosar.

### Discussion générale

► **M. Laurent Mosar (CSV).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Härren, Här Minister, mat deenen dräi Associéierungsofkommen, déi mer de Mëtten hei wäerten - huelen ech un - mat enger grousser Majoritéit ofstëmmen, komme mer effektiv op e Schlusspunkt vu laangjährege Verhandlungen, déi mat der Europäescher Unioun an deenen dräi concernéierte Länner gefouert gi sinn. An dat ass en äusserst positiven Ofschloss, dee sécherlech am Interesse vun der Europäescher Unioun, awer och ganz besonnesch am Interesse vun deenen dräi concernéierte Länner ass, déi, wéi mer wëssen, wirtschaftlech an enger schwiereger Situatioun sinn a wou sécherlech dës Ofkommen hinne wäerte substanzuell virunhëlfen.

Ech deelen hei och d'Meenung vun der Madame Rapportrice, fir ze soen, datt et wichteg ass, datt mer grad elo dës Associéierungsofkommen diskutéieren an och positiv ofstëmmen. Dat ass e wichtegt Signal, net nëmme par rapport zu der Ukrain - ech wäert mech herno e bësselche méi domadder beschäftegen -, mä och haaptsächlech vis-à-vis vun deenen zwee anere Länner: Georgien a Moldawien. Well et huet ee ganz oft d'Tendenz, wann ee vun deenen Ofkommen schwätzt, haaptsächlech d'Ukrain ze gesinn. Wéi gesot, et ginn och zwee aner Länner, déi mindestens gradesou vill Interessien dorunner hunn.

Ech wëll fir d'Alleréischte hei e grouse Merci soen un déi zwee Rapporturen, wann ech dat esou ka soen. Fir d'Alleréischte dem Marc Angel, deem ech och nach eng Kéier vun dëser Säit eis bescht Betterungswësch mat op de Wee ginn. An ech mengen, mir kënnen en alleguer berouegen, an en huet dat da warscheinlech selwer live und in Farbe op Chamber TV gesinn: En ass exzellent remplacéiert ginn. Ech muss just soen, et ass e bësse méi schnell gaangen, well d'Madame Dall'Agnol schwätzt e bësselche méi schnell wéi den Här Angel, wat mir dann och d'Geleeënheet gëtt, e bëssen éischter mat menger Interventioun unzefänken.

Ech mengen och, datt souwuel de schrëftleche Rapport vum Här Angel wéi dee mëndleche vun der Madame Dall'Agnol esou komplett waren, wat de Contenu ubetrëfft, datt eigentlech net vill do derbäizefügen ass, soudatt ech mech net weider wëll mat deem Contenu befaassen, mä eigentlech vun der Geleeënheet profitéieren, wéi mer dat och e bëssen an der aussepolitescher Kommissioun ofgemaach haten, fir eis mat der Situatioun an der Ukrain ze beschäftegen, déi nach wie vor ganz beonrouegend ass.

Här President, säit mer bei Geleeënheet vun der aussepolitescher Deklaratioun justement entre autres och iwwert déi Situatioun hei diskutéiert haten, ass munches geschitt. An d'Lag, ganz besonnesch an der Ostukrain, ass net onbedéngt méi iwwersichtlech ginn, och wann deen zweeten Akt vum Minsker Accord ee sécherlech kann e bësselche méi optimistesches stëmmen, och grad wat d'Ëmsetzung vun deenen Dispositiounen vun deem Accord ugeet.

### (Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Ech wëll dann och an deenen nächste Minuten e bësselche versichen, d'Situatioun opzezeechen, vläicht manner par rapport zu Russland, mä éischter och, wat déi intern schwiereger Situatioun an der Ukrain selwer ugeet.

Ee Joer no der zweeten Majdan-Revolutioun, an haaptsächlech no der Flucht vum fréiere President Janukowytsch, ass d'Ukrain weider - an ech mengen, dat muss ee leider esou soen - an enger verzweifelter Situatioun, souwuel um politeschen, mä vläicht nach vill méi um wirtschaftleche Plang. D'Land läit komplett um Buedem. An hei brauch et a sech e riesege finanziellen Effort, dee sécherlech dat ukrainescht Vollek net wäert kënnen eleng stemmen, mä wou et op d'Ënnerstëtzung vun der internationaler Communautéit ugewisen ass.

Wéi konnt et awer souwäit an der Ukrain a ganz besonnesch am Oste vun deem Land kommen? Nom Erfolleg vun der Majdan-Bewegung hätt et virun allem Rou an Zäit gebraucht, fir 23 Joer no der Onofhängegkeet endlech zu enger stabiler staatlecher a gesellschaftlecher Gestalt ze kommen. Et hätt Zäit a Rou gebraucht, fir d'Iddien an d'Motiver, déi d'Majdan-Bewegung ugedriwwen hunn, a real Reformpolitik ëmzesetzen. Dat hat virun allem - an do, mengen ech, soll een och hei kloertext schwätzen -, dat huet de Wladimir Putin verhënnert, deen duerch d'Annexioun vun der Krim a ganz besonnesch duerch de Krich am Oste vun der Ukrain dës Land gezwongen huet, sech exklusiv op seng Selbstverteidigung ze konzentréieren.

D'Ukrain huet an deene leschten 23 Joer, awer och ganz besonnesch an deene leschte Méint a Joren awer och, an dat muss ee gradesou kloer ënnersträichen, d'Geleeënheet verpasst, sech demokratesch ze erneieren. Datt se dat net fäerdegruecht huet, huet sécherlech mam Personnage vum Wladimir Putin a mat Russland ze dinn. Mä et huet awer och mat dem eegenen Onverméigen ze dinn. An et ass dofir och net akzeptabel, datt déi aktuell ukrainesch Regierung ëmmer erëm versicht, sech hannert dem Krich mam Putin ze verstopen, fir ze éviéieren, iwwerliewenswichtig Reforme mussen unzegoen.

Praktesch, Här Ausseminister, all fréier State vum Warschauer Pakt hunn et fäerdegruecht, demokratesch Reformen ëmzesetzen, an dat deelweis géint de Widerstand vun ale Statsapparater. Nëmme an der Ukrain - a säit dem Fall vun der Mauer ass do Kontinuitéit, leider Gottes, ugesot - sinn all Versich, fir d'Justiz zu engem Lichtturm vum Rechtsstat ze maachen, gescheitert um Widerstand vun all deenen, déi de Justizapparat an der Hand hatten an deelweis och elo nach hunn.

Genausou wéineg ass et gelongen, leider Gottes, de System vun der Bestiehung an der Korruptioun zréckzedrängen. An dat, wat an de sowjeteschen Zäite gegollt huet, gëllt leider Gottes elo nach ëmmer. Wien eng Plaz, eng Concessioun, en Terrain wëllt an deem Land hunn, ka sech leider net op den offizielle Wee verloossen a muss ëmmer erëm bestiechen, fir zu sengem Zil ze kommen. Och ass leider op d'Institutionen an der Ukrain kee Verlooss. An dat erklärt sech - net nëmmen, awer schlussendlech och - doduerch, datt sech an der Ukrain bis elo keng Parteien erausgebild hunn, déi eise westleche Parteien ähnelen.

A vläicht e Wuert zum Parteesystem an der Ukrain: Déi ukrainesch Parteei gruppéiere sech dann och haaptsächlech ëm Persounen, an éischter Linn - et muss een dat leider feststellen - Oligarchen, a bezechnenderweis heescht dann och déi stäerkste Partei am Moment Partei „Block Poroschenko“. Bei all dëse Parteei sinn, an dat muss ee leider ëmmer erëm feststellen, weider politesch a privatwirtschaftlech Interessene eng matenee verquickt, awer virun allem sti se net fir politesch Iddien, Ziler a konkret Konzepter.

Déi aktuell politesch Féierungséquipe, déi am Westen deelweis, a vläicht och zu Recht, fir hir aussepolitesch Méritter geschätzt gëtt, kënn deenen a si gesaten Erwaardungen awer am Inland net no. An et huet een och d'Gefill, datt déi Regierung sech haaptsächlech am Moment op de Krich an der Ostukrain konzentréiert.

Stellvertriedend kann een hei och e bëssen de President Poroschenko nennen - an ech gi mer oft d'Geleeënheet, d'Interviewe vum President Poroschenko ze liesen -, deem seng Interviewe sech virun allem ëmmer erëm ëm de Krich an der Ostukrain dréien an dee sech haaptsächlech, an dat gesäit een och an der Duerstellung, ëmmer erëm als Patriot duerstellt a vill manner als Reformer. A wann een déi eenzel Interviewen, an ech hunn et viru gesot, liest, da stellt een ëmmer erëm fest, datt quasiment just déi lescht Froen ëm d'Reformen an deem Land ginn, an et spiert een dann och, datt déi wierklech net zu där alleréischter Prioritéit vun der Regierung gehéieren.

Et gëtt een dann och d'Gefill net lass - an dat ass eppes, wat ech och perséinlech bedauern -, datt de President Poroschenko an och e Groussdeel vun där Féierungséquipe eigentlech kee richtegt Gespür hu fir dee gewaltege Reformdruck, deen awer vun där Majdan-Bewegung ausgaangen ass.

A mir sollen eis och, Här Ausseminister, hei keng Illusiounen maachen. Säit dem Émbrochjoer 1989 ass elo quasiment e Véierelsjorhonnert vergaangen, an déi, déi deemools an hire beschte Jore waren, kënnen haut leider kee gloriäiche Bilan vun deene leschte 25 Joer zeien, well si kucken op zwou Revolutiounen zréck, vun deenen déi éischt verluer gaangen ass an déi zweet elo schonn erëm riskéiert, verluer ze goen.

Här President, Revolutiounen mécht een net esou einfach. An zwou an engem ganze Liewe sinn der scho vill. D'Gefor besteet, datt och déi Revolutiounsenergie, déi een awer ëmmer erëm bei den Ukrainer feststellt, lues a lues opgebraucht ass an datt se zum Schluss eventuell kann ersat ginn duerch eng grouss Resignatioun, wat dann erëm eng Katastroph fir d'Ukrain an d'Volk vun der Ukrain wär.





An et ass dann och hei, mengen ech, an do si mer eis alleguerte sécherlech an dësem Haus eens, wou d'Europäesch Unioun gefuerdert ass! Well déi Reformen, déi mussen ëmgesat ginn, kënnen dat nëmme ginn, wann d'EU mat hirem Know-how, awer och mat enger substanziereller finanzieller Ënnerstëtzung dëse Reformprozess begleet.

Op där anerer Säit mussen awer och d'Regierung an der Ukrain an d'Institutionen alles ënnerhuelen, fir zu engem Rechtsstat ze ginn, deen och den Numm verdéngt! An dat wäert och nach an deenen nächste Wochen a Méint den Ukrainer gewaltig Ustrengungen ofverlaangen.

Ech wollt dann och zum Schluss awer vläicht mat enger méi optimistescher Note ophalen, well net méi spéit wéi gëschter huet den ukrainesche President Poroschenko jo zwee Gesetzesprojeten an d'ukrainesch Parlament eraubrecht, déi de Regione vum Oste vum der Ukrain e larget Autonomiestatut sollen accorderen. Ech hoffe perséinlech, datt dëst den Ufank vum enger méi positiver Entwécklung ass an datt och elo um politesche Plang an deenen nächste Wochen e bësse méi Rou och an der Ostukrain wäert akéieren.

An de leschten Deeg, Madame Presidentin, gëtt vu villen Observateuren am Kontext vu Griichenland vum engem sougenannten „Marshall-Plang“ geschwat. Ech géif behaapten, datt d'Ukrain mindestens gradesou dréngend eppes wéi e Marshall-Plang bräicht, wa se da mëttel- a laangfristeg staatlech an institutionell op feste Bee wëllt stoen.

Bréngt d'Ukrain dës Herkulesaufgab mat Ënnerstëtzung vum der EU, awer och vum Internationale Währungsfong an aneren internationalen Institutionen net fäerdeg, besteet, Dir Dammen an Dir Hären, déi reell gëtt, datt d'Ukrain zu eppes gëtt, dat keen an Europa wëllt, nämlech engem „failed state“. Dat wär net nëmme fir d'Ukrain, mä och fir Europa eng absolutt Katastroph!

An dësem Sënn, mengen ech, ass d'Europäesch Unioun gefuerdert, mat all deenen hir zur Verfügung stehende Mëttelen, dëst Land a sengem Reformprozess ze ënnerstëtzen. An an deem Sënn ass dat Associéierungsofkommen, wat mir de Mëten haut wäerten diskutéieren a stëmmen, en éischte wichtege Schrëtt. An dofir ginn ech och am Numm vu menger Fraktioun eis Zoustëmmung.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Merci, Här Mosar. Als nächsten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Gusty Graas. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Gusty Graas** (DP). - Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, déi dräi Länner Georgien, Moldawien an d'Ukrain si jo Staten, déi u sech nach ganz wäit ewech si vu Standards, wéi mir se jo hei a Westeuropa kennen. Ech denken do net nëmmen un de materielle Wuelstand, mä ech denken do virun allem och u rechtsstaatlech Normen, déi jo u sech nach ganz staark ënnerentwéckelt sinn.

An déi dräi Staten hu jo - leider, muss een och soen - nach permanent territorial Konflikter mat Russland. An deem aarme Moldawien, ee Stéchwuert: Transnistrien; d'Problematik ëm Georgien ass engem och nach ëmmer ganz gutt am Verhalt. Ech denken un d'Joer 2008, un de Südossetien-Konflikt, dee jo dunn nees nei ausgebrach ass an dunn och zum Kaukasus-Konflikt gefouert huet, mat de Konsequenzen, déi mer kennen. Well Moskau huet jo dunn d'Onofhängegkeet vun Abchasien a Südossetien unerkannt.

D'Ofschléisse vum deenen dräi Accorden, déi mer elo haut hei diskutéieren, huet jo ouni Zweifel awer och d'Relatioun zwësche Bréissel a Moskau, loosse mer dat emol esou ausdrécken, net onbedéngt verbessert, well jo eben, wéi gesot, dat heiten awer e gewëssen Afloss op déi Relatioun hat. An et muss een och hei soen, datt Russland jo mat Sécherheet net onbedéngt ëmmer ganz frou ass, wann d'Europäesch Unioun sech an de Fonctionnement vu fréiere Sowjetrepublikken amëscht.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, virun allem natierlech den Accord mat der Ukrain huet seng speziell Bedeitung. Et ass och dowéinst, firwat datt mer an der aussepolitescher Kommissioun jo decidéiert haten, fir de Modèle de base duerch e Modell 1 ze ersetzen, fir ebe méi spezifesch kënnen op d'Situatioun hei anzegoen. An d'Krim, wéi gesot, déi jo méi spezifesch den Ausléiser vum der ganzer Problematik

ass, huet jo och eng ganz wiesselvoll Geschicht hannert sech.

Et dierf een net vergiessen, datt d'Krim 1954 vum Chruschtschow deemools un d'Sowjetrepublik Ukrain geschenkt gi war. 1991 war et iwwregens schonn eng Kéier zu engem Opstand komm, an deem Sënn, datt och déi prorussesche Partisanen deemools schonn e Referendum wollten organiséieren, deen awer konnt verhënnert ginn.

Wéi den Accord de partenariat et de coopération mat der Ukrain 1998 ënnerschrivwe gouf, du konnt natierlech kee virusgesinn, datt nëmmen eng hallef Dose Jore méi spéit u sech grad dëst Land sollt am Fokus vum der internationaler Politik stoen. An et kann ee souguer behaapten, datt duerch déi ganz Kris do am Fong geholl de Weltfridden zum Deel och a Gefor gerode war. Well et soll ee sech näischt virmaachen: D'Ukrain-Kris ass nach net iwwerstanen. An et kann een och nach net aschätzen, wéi u sech elo d'Relatioun mat Russland sech wäerten an der nächster Zukunft entwéckelen.

Jiddefalls, de Refus vum deemolege President Janukowytsch, deen ënner russeschem Drock den Accord net ënnerschrivwen hat, hat jo derzou bäigedroen, datt et zu deene bekannten Entwécklung kommt ass. Pro- an antieuropäesch Partisanen hunn am Fong um Majdan dunn derzou bäigedroen, datt et och wierklech zu ganz schlëmmen Auseensetzungen komm ass a leider och Doudeger do deemools ze vermierke waren.

Den Accord hei huet jo och ganz kloer geopolitisch Ausmoossen uegoholl. E souveräant Land, wat a senger aussepolitescher Ausrichtung vum engem anere Land ënner Drock gesat gëtt, bréngt natierlech dee Moment awer och d'Europäesch Unioun op de Plang. An et ass evident, datt d'Europäesch Unioun och hei net konnt einfach nokucken, well eben aus westlech-demokratescher Siicht hier gekuckt esou Entwécklungen net ze akzeptéiere sinn.

Genau elo virun engem Joer, dat heescht vill méi de 16. Mäerz 2014, ass jo d'Hallefinsel Krim, déi iwwregens zéngmol méi grouss ass wéi Lëtzebuerg a wou iwwer 2,5 Milliounen Leit wunnen, nees russesch ginn. Déi prowestlech Féierung vum der Ukrain an de Weste gesinn dat natierlech als e Broch vum Völkerrecht.

Ze bemierken ass awer och, datt entre-temps, an de Virriedner huet dat och schonn hei ënnerstrach, natierlech d'Entwécklung an der Ukrain um wirtschaftleche Plang dramatesch Formen uegoholl huet. Ech wëll och drun erënnere, datt besonnesch um Niveau vum der Krim déi Kris sech virun allem bemierkbar gemaach huet. Do ass d'Industrieproduktioun 2014 zum Beispill ëm 10% zrëckgegang. An dee wirtschaftleche Réckgang dréckt sech och an den Zuele vum Réckgang vun den Touristen aus. Während 2013 nach 5,9 Milliounen Leit d'Krim besicht hunn, waren et d'lescht Joer, 2014, nëmmen nach 3,8 Milliounen. Déi Annexioun vum der Krim duerch Russland huet also ouni Zweifel och zu wirtschaftlech negativen Entwécklung gefouert.

Datt d'Europäesch Unioun an d'USA dunn och Sanktiounen géint Russland ausgesprach hunn, war eng gewëss Evidenz. Obwuel een och hei muss ënnersträichen, datt dee Schrëtt natierlech och net iwwerall, och am Westen, gedeelt ginn ass.

A wann natierlech och elo keen Alenke vu Moskau an deenen nächste Wochen a Méint ze erkenne wäert sinn, da muss ee leider fäerten, datt d'Situatioun nach kann eskaléieren. An et sinn elo scho Spezialisten, déi fäerten, datt leider de Sport och erëm kéint eng Kéier zur Geisel vum der Politik ginn, well eben dann och vläicht déi Fussballweltmeeschterschaft, déi jo 2018 a Russland soll sinn, riskéiert, dann och zum Deel boykottéiert ze ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dann dierf een natierlech awer och net ignoréieren, datt déi ganz Entwécklung och negativ Répercussionen op déi fréier Sowjetrepublikken huet. Ech denken do an éischter Linn un déi baltesch Staten. Och do, wann een a leschter Zäit emol eng Kéier do war, da spiert een dat och, datt eng gewëssen Angscht an deene Länner virherrsch, datt se vläicht erëm géife vun hirer Vergaangenheet ageholl ginn. Jiddefalls um Beispill vum der Krim kann een eng Gefor fir déi gesamt Friddensuerdnung gesinn.

D'EU ass natierlech och do an enger gewësser schwieriger Situatioun. Engersäits, wa se sech baséiert op hir traditionell demokratesch Wäerter, ass et evident, datt se déi Politik verfollegt, déi se de Moment verfollegt. Op där anerer Säit weess se awer och, datt doduerch nei Spannunge mat Russland entstinn, datt sech do e Konfliktpotenzial entwéckelt, wat sech natierlech gegebenenfalls zu enger ganz grousser Katastroph kéint entwéckelen. An heiansdo huet een e bëssen d'Gefill, et géif erëm nom Kale Krich hei richen.

Trotzdem muss awer ganz ouni Zweifel d'Diplomatie nach wie vor d'éischt Roll spillen. An och wann d'Geschicht weist, datt d'Diplomatie och hir Grenzen huet an eng iwwerdrivwen Diplomatie och kann an eng Katastroph féieren - ech wëll dat awer elo net hei weider verdéiwen -, ass et awer wichteg, wéi gesot, datt d'Diplomatie hei nach wie vor de Lead huet.

Et huet ee jo och bei der Ënnerschreiwung vum deem Accord hei festgestallt, datt trilateral Gesprécher jo gefouert goufen zwëschen der EU, der Ukrain a Russland, fir am Fong geholl och déi wirtschaftlech Konsequenz fir Russland an d'CEI, dat heescht d'Communauté des États indépendants, ze diskutéieren. Bewosst ass jo och d'Akraafttriede vum deem Accord mat der Ukrain elo emol provisoersch op Enn Dezember vum dësem Joer festgehele ginn.

Op där anerer Säit muss een awer och hei ënnersträichen, datt et wichteg ass, datt op d'Accorde vu Minsk weiderhin opgebaut gëtt. Den Dialog tëschent der Regierung vu Kiew an de Separatisten am Oste muss natierlech weiderhin och méiglech sinn.

An deem Kontext hei muss een awer och ënnersträichen, datt et Gott sei Dank nach ëmmer den Dialog och gëtt, wat de Problem vum Gas ubelaangt. An net méi spéit ewéi de Freideg treffe sech dann och Verrieder vum der Ukrain a Russland zu Bréissel, fir ernert der Vermëttlung vum der Europäesch Unioun iwwert déi Problematik vum der Gasliwwerung ze diskutéieren.

An dann, net méi spéit wéi gëschter huet jo och d'Parlament zu Kiew, den leweschte Rada, beschloss, datt d'Gemengewahlen u sech eng Viraussetzung solle sinn, fir datt awer d'Separatistengebieder am Donbass de geplangte Sonderstatus kënnen kréien. An dat ass och virdrun nach hei scho richtegerweis ënnerstrach ginn. Et ass awer zumindest e positive Schrack an déi richtig Richtung, wann een elo gesäit, datt e Sonderstatus hei envisagéiert gëtt, och wann dat verbonnen ass, wéi gesot, mat der Oplag vum de Gemengewahlen.

Leider ass awer um Terrain d'Situatioun net esou roseg, well et sinn awer nach gewëss Plazen, wou Kämpf registréiert ginn. Ech denken do un d'Uertschaft Schirokine, déi net wäit ewech läit vu Mariupol.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eng kruzial Fro, déi sech natierlech an där ganzer Diskussioun och hei stellt, dat ass, inwiefern d'Europäesch Unioun a virun allem natierlech och d'NATO um militäresche Plang vläicht gegebenenfalls méi aktiv musse ginn. Mir hu jo gemierkt an deene leschte Wochen a Méint, datt do gewësse Manöver sech vollzunn hunn. Dat leet natierlech och derzou, datt awer d'Situatioun mat Sécherheet vläicht nach e bësse méi ugespaant wäert ginn.

An deem Kontext muss een och op déi Ausso vläicht vum Kommissiounspräsident Jean-Claude Juncker hiweisen, dee sech jo an deene leschten Deeg fir eng europäesch Arméi ausgeschwat huet, fir eben och op déi Menacë vu Russland kënnen op eng Manéier ze reagéieren.

Dat ass natierlech och keng nei Iddi. An de 50er Jore war d'Iddi scho vum der Kreatioun vum enger europäescher Arméi opkomm. An deemools ass dat duerch e Vote 1954 an der Assemblée nationale zu Paräis awer verhënnert ginn.

Déi ganz wichteg Fro ass natierlech och déi vum de Sanktiounen. Wat fir eng Positioun soll Europa an Zukunft anhuelen? Ech ginn dervun aus, datt dat Thema wäert muer an iwwermuer zu Bréissel um Sommet och diskutéiert ginn.

Ech wëll an deem Kontext hei och de liberale Fraktiounscheef aus deem Europaparlament, de Guy Verhofstadt, zitéieren, deen nach d'lescht Woch drop higewisen huet, datt et, wéi gesot, souguer um Niveau vum Conseil selwer net ëmmer eng Unanimitéit gëtt, wat eben d'Applikatioun vu Sanktiounen ubelaangt. Hie schwätzt sech am Fong elo fir eng „two-track approach“ aus, andeem en am Fong wëllt e kloren Ënnerschied maachen tëschent engersäits dem Regime Putin an anersäits awer och der Populatioun an de Kleng- a Mëttelbetriber. Well en ass der Meinung, d'Sanktiounen sollte jiddefalls net esou ausgeriicht sinn, datt se direkt d'Wirtschaft treffen an datt se och direkt d'Populatioun a Russland treffen, mä datt se sollen de Regime u sech direkt méi an d'Viséier huelen.

Ech wëll awer op dëser Plaz och op nach e puer aner Institutionen hiweisen, déi eng wichteg Roll de Moment an där ganzer Problematik hei ze spillen hunn, an éischter Linn de Conseil de l'Europe, vun deem eis Kolleegin Anne Brasseur jo Presidentin ass. Si selwer huet op dëser Plaz schonn e puermol op dee wichtige Rôle vum Conseil de l'Europe higewisen.

Ech wëll dann awer och op d'OSZE hiweisen, vun där jo net méi spéit wéi virun dräi Wochen zu Wien eng Tagung war, wou mir als Lëtzebuerg jo och vertruede waren a wou et ganz kloer ëm d'Problematik vum der Ukrain gaangen ass, wou ee ganz gutt a kloer erausgespuert huet, datt de Wëllen do ass, fir, wéi gesot, déi Eskalatioun esou schnell wéi méiglech awer kënnen hei ofzebremsen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, duerch déi dräi Accorden hei - op deenen hiren Inhalt ech net brauch anzegoen, déi si schonn des Laangen an des Breden hei kompetent duerchdiskutéiert ginn -, dat kann een awer och ënnert dem Stréch soen, kann d'Europäesch Unioun hei och un aussepoliteschem Gewicht gewonnen. Well wann ee versicht, dës Länner - a mir wëssen, a wat fir enger Situatioun, besonnesch ekonomescher Situatioun, déi dräi Länner sinn - graduell awer och an den europäesche Bannemaart ze integréieren, dann ass dat net nëmmen zum Virdeel vum wirtschaftleche Wuesstum vum deene Länner, mä et ass och zum Virdeel vum enger Europäescher Unioun, déi doduerch awer och kann u Gewicht gewonnen. An och déi sektoriell Kooperatioun an deenen eenzelnen Domänen, sief dat um Niveau Ëmweltschutz, Landwirtschaft, Sozialpolitik, Jugend- a Kulturpolitik, wäert ouni Zweifel zur Liewensqualitéit vum den Awunner an deenen dräi betraffene Länner bäidroen.

Vun der konkreter ukrainescher Situatioun ofgesinn, muss ee sech natierlech och an deem ganze Kontext d'Fro stellen, wat d'Ausrichtung vum der Politike européenne de voisinage (PEV) vum der EU ass, déi natierlech och eng gewëss Bedeitung hei huet, zemoos wann ee bedenkt, datt d'europäesch Baussegrenzen jo am Fong geholl och direkt hei un déi Länner ustoussen an datt ee sech och muss d'Fro stellen: Wéi entwéckelt sech déi ganz Situatioun an deem Raum do?

Jiddefalls si mir der Meinung, datt d'PEV muss eng Partie integrante vum der europäescher Aussepolitik ginn, mat enger gemeinsamer Approche um EU-Niveau an och um Niveau vum den EU-Memberlänner.

Sécher, d'Ukrain wéi iwwregens och déi zwee aner Länner, Georgien an d'Mongolei (veuillez lire: Georgien a Moldawien), hunn nach e laange Wee viru sech, fir eng Kéier e Rechtsstat ze ginn, wa se et dann eng Kéier sollte ginn. Mä ech mengen, et ass awer op alle Fall eis Missioun, fir ze hëllefen, op deem Wee weiderzegoen. D'Mënscherechter loossen ouni Zweifel nach ze wënschen iwwreg. D'Korruptioun ass nach staark vertrueden an d'Justiz ass mat Sécherheet och net ëmmer onofhängeg. Dofir fält, wéi gesot, dësen Accorden eng ganz grouss Bedeitung zou, well et jo awer virun allem och hei ëm d'bonne Gouvernance geet.

Ech si jiddefalls iwwerzeegt, datt d'Europäesch Unioun zesumme mat der OSZE an och zesumme mam Conseil de l'Europe der Ukrain an och deenen zwee anere Länner wäert déi néideg an och muss déi néideg Ënnerstëtzung ginn, fir datt déi hehr Ziler och kënnen erreecht ginn.

An Enn Mee ass jo dann, et ass schonn hei gesot ginn, de Sommet vum Partenariat oriental zu Riga, e ganz wichtege Sommet, wou dann eben, wéi gesot, iwwert déi ganz Ausrichtung vum der europäescher Politik an deem Raum do wäert nach méi am Detail diskutéiert ginn a wou mir als Lëtzebuerg natierlech immens gefuerdert sinn, well mer eben d'Présidence iwwerhuelen. Dowéinst ass et och gutt a wichteg, datt mer elo schonn iwwert déi dräi Accorden hei ofstëmmen, well mer dann dee Moment awer e gutt Zeechen no bausse ginn, datt mer eis Hausaufgab gemaach hunn.

Jiddefalls, d'Demokratesch Partei bekennt sech ganz kloer zu der Ausrichtung vum der Politik, wéi d'Europäesch Unioun se de Moment vis-à-vis vum deenen dräi Länner do bedreift. Mir sinn och iwwerzeegt, datt mat dësen Accorden an deene Länner méi Fridden, méi Liewensqualitéit a virun allem och méi rechtsstaatlecht Denke wäert do entstoen. Dofir ass et evident, datt ech och d'Zoustëmmung vun der Demokratescher Partei zu deenen dräi Accorde ginn.

Ech wëll awer ofschléissend souwuel der Madame Dall'Agnol Merci soe wéi awer och eisem Frënd Marc Angel, deem een dann och vun dëser Plaz aus all Guddes soll wënschen an datt en esou séier wéi méiglech erëm ënner eis ass.

Ech soen lech Merci.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.* - Merci, Här Graas. Als nächste Riedner ass ageschriwwen: den Här Claude Adam.

► **M. Claude Adam** (déi gréng). - Merci, Madame Presidentin. Mir hunn haut dräi Gesetzesprojeten um Ordre du jour, mat deene mer Associatiounsaccorden tëschent der EU an da jeeeweils Georgien, Moldawien an der Ukrain ratifizéieren. Déi Accorde sinn alleguerten de





27. Juni 2014 zu Bréissel ënnerschriwwen ginn a si hunn eigentlech alleguerten déiselwecht Ziler: Et geet ëm d'Ariichte vun enger Fräihandelszon tëschent der Europäescher Unioun an all Kéiers deenen dräi Länner. An d'Relatiounen tëschent dese Länner an der EU sollen dauerhaft gefestegt ginn.

Do derniewent, an ech mengen, dat ass genau-sou wichteg, soll awer och duerch des Accorden derzou bäigedroe ginn, d'Demokratie an d'Institutionen ze stäerken an dese Länner an zu enger politescher Stabilitéit bäizedroen.

Déi Accorden, déi Lëtzebuerg an der Ver-gaangenheet mat dese Länner hat, bleiwe bestoen, souwäit se net duerch déi nei Accorden iwwerflësseg ginn. Och wann d'Zilrichtung ëmmer déiselwecht ass, gëtt et awer eng Rei Nuancé bei de Verträge. An dat huet ganz vill mat der Ausgangssituatioun an der Geschicht vun deenen eenzelne Länner ze dinn.

Ech brauch net op den Detail vun desen Accorden anzegoen. Dat huet d'Madame Dall'Agnol mat enger grousser Perfektioun gemaach. Ech soen hir Merci duerfir. An dann eben och Merci dem Marc Angel, deen, mengen ech, awer och un där Aarbecht bedeelegt ass.

Kuerz zu den eenzelne Länner: Georgien huet sech 1991 onofhängeg erkläert. D'Enn vun der Sowjetunioun huet fir Georgien awer och e gewaltege wirtschaftleche Kollaps bedeit. D'Produktioun an Industrie a Landwirtschaft sinn däitlech zrëckgaangen. D'Aarbechtslosgheet war enorm an et ass eng Hyperinflation ginn. Do war d'Situatioun an deenen anere fréiere Sowjetrepublikken ähnlech.

D'Relatiounen mat Russland sinn och haut nach ëmmer gespaant a Georgien, ënner anerem och, an dat ass scho gesot ginn hei, duerch de Südossetien-Konflikt, duerch deen et 2008 zu engem oppene Krich mat Russland komm ass. D'Relatiounen tëschent der Europäescher Unioun a Georgien sinn zënter 1999 duerch en „partnership and cooperation agreement“ geregelt. Den Associatiounsaccord mat Georgien ass zënter 2010 verhandelt ginn. A Georgien huet deen Accord den 18. Juli 2014 ratifizéiert.

Da steet och am Rapport, datt d'Europäesch Unioun dee wichtigsten Handelspartner vu Georgien ass. 2012 wiere 27,2% vun den Handelsaktivitéite vu Georgien mat der EU gewiescht. Duerch deen Accord sollen och Produiten aus dem Agrarberäich, bis op e puer Ausnahmen, vun Taxe befreit ginn.

Duerch d'Fräihandelszon soll de georgesch PIB ëm 4,3% pro Joer klammen. Esou steet et am Rapport iwwert de Projet de loi. Dat sinn allerdéngs Aussoen, déi schwéierlech kënne verifizéiert ginn. An ech géif dat awer trotzdem e bësselchen an de Beräich vun der Spekulation setzen. Et ass ëmmer delikat, wann een esou wäit wëllt an d'Zukunft kucken an da prezis chiffriert Aussoen do maachen.

Trotzdeem, déi gréng brénge selbstverständlech hiren Accord zum Projet de loi 6730. Mir sinn der Meenung, datt dat e gudden Accord ass tëschent der Europäescher Unioun a Georgien.

Zu Moldawien: Och Moldawien ass zënter 1991 onofhängeg. A Moldawien hu sech zwee Lager gebilt, déi ongeféier gläich staark sinn. Déi eng sichen d'wirtschaftlech Zesummenaarbecht éischter an der Eurasescher Wirtschaftsunioun, déi aner zitt et zu der Europäescher Unioun. Am Moment ass et d'Lager, dat zur Europäescher Unioun zitt, wat an der Regierung ass.

Am Rapport vum Gesetz steet, de Premierminister géif eng Adhésioun vu Moldawien an d'EU fir 2019 upeilen. Dat schéngt mer allerdéngs iwwerdriwwen optimisteschen. Moldawien ass eent vun den ärmste Länner vun Europa an dierft och mëttelfristeg nach net als Baitrëtskandidat a Fro kommen. Moldawien hänkt wirtschaftlech och vu Russland of, a Russland weist och, datt se do net frou sinn iwwert de Rapprochement zu der Europäescher Unioun.

Zu weidere Spannunge mat Russland dréit och d'Situatioun an Transnistrien bäi, engem Deel vu Moldawien, dee sech als onofhängeg deklaréiert huet a wou russesch Truppe stationéiert sinn.

Den Associatiounsaccord mat Moldawien ass och zënter 2010 verhandelt ginn. D'moldawesch Parlament huet en den 2. Juli 2014 ratifizéiert. D'Bierger aus Moldawien kënnen zënter engem Joer ouni Visa an d'EU reesen.

**(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)**

Fir Moldawien gëllt eng länger Iwwergangszäit fir eng Rei sensibel ekonomesch Secteuren. Dat ass och gesot esou. D'Liberaliséierung geet manner wäit wéi bei Georgien, an trotzdem ass d'Approche vu Moldawien méi ambitiéis, wat

d'Reguléierung vun industrielle Produiten ugeet. Moldawien ass gewëllt, seng Legislatioun, déi déi industriell Produktioun regelt, vill méi wäit un EU-Normen unzepasse wéi Georgien. An ech bréngen och den Accord vun der grénger Fraktioun zum Projet de loi 6731.

Da komme mer zum drëtten Accord an dat ass dee mat der Ukrain. Do ass natierlech de Fokus vill méi drop wéi op deenen aneren. Dat huet engersäits dermat ze dinn, datt mer mat Georgien mat engem Land ze dinn hunn, wat 4,5 Milliounen Awunner huet, Moldawien huet der ongeféier 3,1 Milliounen, an d'Ukrain, déi huet 45 Milliounen Awunner an ass dat zweetgréisst europäesch Land. Also schonn eleng vun der Dimensioun vun deem Land hier ass deen Accord hei anescht gewicht. A selbstverständlech ass och do d'politesch Situatioun nach méi spannend wéi an deenen anere Länner.

Deseen Accord, deen ähnlech gelagert ass wéi dee mat Georgien a Moldawien, dee gëtt och heiansdo als den Origine vun der aktueller Kris an der Ukrain bezeechent. Dat ass vläicht net ganz falsch, mä sécher ass dat awer och net ganz richtig.

D'Zesummebrieche vun der Sowjetunioun war zu engem gudden Deel d'Folleg vun den Onofhängegkeetsbeweegunge vun hiren ënnerschiedlechen Nationalitéiten. Déi national Fro war op kenger Agenda vun de sowjetesche Politiker, an och net op där vum Gorbatschow.

Och Tschernobyl oder éischter d'Verharmlosung vun der Katastroph vun Tschernobyl duerch déi sowjetesch Administratioun zu Moskau an zu Kiew huet vill Leit an der Ukrain mobiliséiert. D'ökologesch Bewosstsäin war an der Ukrain duerch Tschernobyl gestärkt ginn a war e wichtegt Element vun der politescher Opposition ginn.

An den 80er Jore sinn eng ganz Rei historesch Tabue gefall. Et ass iwwert d'ukrainesch Voleksrepublik vun 1918-1919 an och iwwert d'Hongersnout vun 1932 an 1933 geschwat ginn.

Am August 1991 deklaréiert d'Parlament an der Ukrain d'Onofhängegkeet vun der UdSSR, vu Russland. An engem nationale Referendum am Dezember wíelen 90% vun de Leit fir d'Onofhängegkeet. Och op der Krim stëmmt eng Majoritéit fir d'Onofhängegkeet, mä do war d'Wahlbedelegung allerdéngs äusserst geréng an d'Majoritéit war och éischter eng knapp.

D'Onofhängegkeet ass der Ukrain praktesch an de Schouss gefall. D'Land war allerdéngs net gutt op déi Onofhängegkeet virbereet. De President Kutschma huet seng Kompetenze permanent erweidert an ouni Rücksicht och op d'Legislativ an op d'Justiz agewierkt. D'Medie goufe kontrolléiert, kritesch Journaliste goufe bedroht. De Fall vun dem Regierungskritesche Journalist Gongadse, deen ëmbruecht gouf a wou et net kloer war, wien alles seng Fangeren am Spill hat, huet zum Enn vun der Ara Kutschma bäigedroen.

D'ukrainesch Politik war duerch e schlechte Wahlsystem, den Afloss vun Oligarchen a Korruptioun gekennzeechent. An natierlech sinn déi Problemer, an de Laurent Mosar huet dat och beandrockend erzielt hei, haut och nach ëmmer aktuell. Déi sinn nach wäit vu geléist. An natierlech stoung d'Ukrain esouwuel an enke Relatiounen wéi och an engem permanente Spannungsverhältnis zu Russland.

D'Relatiounen tëschent der Europäescher Unioun an der Ukrain sinn also eng historesch Entwécklung a mussen och esou verstane ginn.

Eng éischt Krim-Kris war schonn '92 bis '94 ausgeléist ginn duerch de Sträit tëschent Russland an der Ukrain iwwert de Status vun der Flott an der Krim-Regioun. Déi Kris ass 1994 zu Enn komm, nodeems Russland d'Krim als Deel vun der Ukrain unerkannt hat.

2004 hate mer déi „orange Revolution“, wou dann den Oppositionsleader Juschtschenko d'Präsidentchaftswahlen an engem zweeten Essay am Dezember 2004 gewonnen hat.

Ech war 2010 selwer zu Kiew als Wahlbeobachter. 2010, dat war also da praktesch no sechs Joer Iwwergangsregime no der oranger Revolution, do waren d'Leit esou enttäuscht vun deem, wat se erlieft haben. Dat ware Leit, déi zum Deel 2004 wochelaang campéiert hate bei äisegen Temperaturen um Majdan. Déi waren extrem enttäuscht vun deem, wat geschitt war.

Déi hunn erkläert, datt de Regime vum Janukowytsch zwar korrump war, mä datt een awer weinstens wousst, wou ee mat der Korruptioun dru war. Wann ee wousst, wien ee sollt schmieren, da konnt ee seng Geschäfte maachen. No sechs Joer Juschtschenko an Timoschenko war d'Korruptioun nach eemol esou grouss wéi d'anert, mä all Dag huet deen, deen d'Hand opgehalen huet, fir bestach ze ginn, gewieselt. D'Situatioun war fir d'Leit wierklech net besser ginn.

Gutt, déi politesch Situatioun ass weitergaangen. Ech mengen, déi rezent Evenementer si schonn hei opgezielt ginn, duerfir wëll ech dat net nach eng Kéier maachen.

Aus Rücksicht op russesch Interessen ass den Accord iwwert de Libre-échange tëschent der Europäescher Unioun an der Ukrain bis den 31. Dezember 2015 ausgesat ginn. Déi eesäiteg vun der EU accordéiert Mesurë vun der Europäescher Unioun vis-à-vis vu Kiew vum März 2014 sinn awer bäibehale ginn, fir d'Ekonomie an der Ukrain ze stäipen.

Et ass och virun nach vum Tourismus geschwat ginn. Ech mengen, d'Ukrain ass en immens flott Land. Déi lescht Jore virun 2014, ënner anerem och duerch déi Fussballmeeschterschaft, war eng gewëssen Entwécklung an der Tourismusbranche entstanen. Selbstverständlech sinn alleguerten déi Efforten, déi do gemaach gi sinn, haut ënnergangen.

Mir haten och am Conseil de l'Europe eng ganz hefteg, schonn zwou hefteg Diskussiounen iwwert d'Situatioun an der Ukrain. Zu menger Satisfaktioun hu sech d'Hardliner net duerchgesat. Mir hunn zwar Sanktiounen ergraff, mä déi Sanktiounen sinn awer tragbar a virun allem si se net op eng allze vill laang Zäit ugeluecht.

Ech muss an deem Kontext och nach soen, datt en héije russeschen Diplomat mech kontaktéiert hat a menger Funktioun als Member vun dem Conseil de l'Europe an zu mer gesot huet: „Wann Der fir Sanktiounen stëmmt, da stëmmt Der fir de Krich. A wann Der géint Sanktiounen stëmmt, da stëmmt Der fir de Friden.“ Wéi ech dunnt zum Mann gesot hunn: „Majo, dat ass jo eng flott Approche, déi Der do hutt, mä da gitt mer emol eppes an de Grapp, fir datt ech och ka géint Sanktiounen stëmme!“, dunnt huet e gesot: „Probéiert Der elo, mech ze erpressen?“. Souwäit meng Erfahrungen och mat enger gewësser Zort vun „Diplomatie“.

An deem Sënn wëll ech och hei den Accord vun deene Grénge bréngen zu deem Accord mat der Ukrain. Mir sinn als Gréng der Iwwerzeegung, datt, obschonn d'Diplomatie schwéier ass an deem heite Fall, et keng Alternativ zur Diplomatie gëtt. Mir sinn der Meenung, datt en Oprüsten an där dote Géigend vun Europa kengem hëlleft an och keng Konflikter ka léisen. Duerfir, och wann et schwéier fält, mir gesi keen anert Mëttel, wéi ëmmer erëm déi diplomatesch Beméiung mat Russland a mat der Ukrain weiderzeféieren.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Adam. An nächste Riedner ass den Här Fernand Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Villmools Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, ech mengen, et ass agréabel, eng Diskussioun hei am Lëtzebuerger Parlament iwwert d'Ukrain nozelauschteren, wann ee soss an Europa den Toun héiert, deen am Abléck ugeschloe gëtt. Hei sinn awer all Riedner, muss ech soen, moderat an hiren Usiichten, am Vergläich op jidde Fall zu deem, wat een héiert op Plaze wéi Riga, wou elo d'EU-Présidence ass a wou Verschiddener vun eis viru Kuerzem nach op Konferenz waren a wou een d'Gespier krut derfir, wéi staark heiansdo den Haass, gemëscht mat Angscht viru Russland, an deene Länner ass a wéi eng Rhetorik ugeschloe gëtt, déi engem awer kann Angscht maachen, well se der aktueller Situatioun weder entsprécht nach virunhëlleft.

Et ass also wichteg, mengen ech, datt mer alleguer mat Mooss a mat Virsicht op déi Situatioun reagéieren. An och hei am Parlament elo, mat allem gudde Wëllen, deen een awer ka vu verschiddene Säite spieren - an et ass och gutt esou -, muss een oppassen, datt een eben net seet, et géif e Krich gi mam Putin an der Ukrain. Gott sei Dank ass keng international Krichssituatioun do, och wa Russland natierlech e groussen Afloss do huet.

An et ass och zwar richtig, fir ze soen, datt Russland eng Roll spillt souwuel a Georgien wéi a Moldawien, mä wann een d'Situatioun kuckt vun deene Konflikter an deenen zwee Länner, dann ass déi awer och mat verursaacht duerch en Nationalismus - deen een och erëm ka verstoen - no der Opléisung vun der Sowjetunioun. A Georgien, do wor et zum Beispill de President Saakaschwili, dee Südossetien ugegraff hat 2008, fir déi Regioun erëm a Georgien eranzeglidderen. An et war eréischt duerno, wou Russland do intervenéiert huet an de Fënefdeegkrich da lassgaangen ass.

Ech mengen, et ass scho wichteg, fir eben op d'Verantwortung vu Russland hinzewisen, awer Verantwortung heescht net onbedéngt Schold. An déi Situatiounen sinn esou komplex an esou subtil heiansdo ze verstoen, datt ee

wierklech sech soll déi Zäit huelen, fir se ze re-fléitéieren an zemools an enger Krisesituatioun, wéi mer se haut kennen, mat där gréisster Virsicht Termen ze benotzen.

Ech zécken och ëmmer, fir vun enger „Annexioun“ vun der Krim ze schwätzen. En héijen Offizéier vum Militärstab vun der Europäescher Unioun huet souguer viru Kuerzem an enger Ried gesot: „Russia conquered the Crimea.“ Dat ass net richtig! Och do muss een déi genau Chronologie vun deenen Evenementer am A behalen an einfach gesinn, datt och de Wëlle vun der Bevëlkerung op der Krim - ob deen Abléck russesch Militär do war oder net - awer och dee war, fir zrëck bei Russland ze kommen. An et muss een nient der territorialer Integritéit vun de Staten awer och kucken, datt d'Selbstbestëmmungsrecht vun deenen engen a vun deenen anere mat considéiert gëtt, ier een zu enger juristescher Analys a Konklusioun kënnt.

Mat Georgien ass net vill ze soen. Ech wëll och just e puer Wuert iwwert d'Ukrain soen. Georgien ass awer an deem Sënn vläicht interessant, well Dir kennt jo all déi Rankingen, déi ëmmer gemaach ginn, vun der ekonomescher Fräiheet an esou weider, déi mir och als Lëtzebuerger gär zitieren: Georgien ass op dem Ranking vun der ekonomescher Fräiheet am Abléck eng Plaz hanner Lëtzebuerg. Et ass interessant, ech mengen, dat ass vun enger amerikanescher Stéftung, déi dee Ranking ëmmer opstellt. Lëtzebuerg ass do op déi 21. Plaz zrëckgestuift ginn, Georgien op déi 22. Plaz eropgestuift ginn, trotz där ganzer Korruptioun an deem Land. Ech mengen, esou frou ee ka fir Georgien sinn, datt et op déi 22. Plaz komm ass, esou kann ee sech awer froen, ob Lëtzebuerg wierklech just eng Plaz viru Georgien soll sinn.

Mä zur Ukrain. D'Ukrain ass fir eis eng Erausforderung. An zwar musse mer eis wierklech och emol froen, ob d'Europäesch Unioun keng Feeler gemaach huet an där ganzer Kris. D'Europäesch Unioun, dat ass och vu verschiddene Virriedner hei betount ginn, wëllt jo méi eng staark Roll an der Baussepolitik hunn, wëllt sech affirméieren um europäesche Plang a kredibel fir Wäerter antrieden. Da muss se sech awer froen, ob net och d'Europäesch Unioun an deser Kris falsch Zeeche setzt oder heiansdo Drock ausgeübt huet an éischter zu der Kris oder zur Genèse vun der Kris bäigedroen huet, déi mer haut kennen.

Natierlech ass dat éischt Beispill dat vun deem Accord d'association. Et ass wouer, datt Russland Drock op den Här Janukowytsch ausgeübt hat. D'Europäesch Unioun awer och! A vill europäesch Politiker hunn dat och kritiséiert, och bekannt europäesch Politiker, déi gesot hunn, datt mer e Feeler gemaach hunn, fir deen Abléck op deem Sommet den Här Janukowytsch ënner Drock ze setzen, fir en Accord ze ënnerschreien, deen e bannepolitesch einfach net konnt aushalen deen Abléck, wou dann déi Signature sollt ustoen. An dat net nëmme weinst russeschem Drock, mä einfach och weinst ekonomesche Realitéiten, op déi ech nach ze schwätze kommen.

Dat Zweet ass de Format, an deem am Abléck d'Europäesch Unioun probéiert, Afloss ze huelen an och vertrueden ass. Deen Normandie-Format, deen elo virgesinn ass, ass zwar vun de Ministere méi oder manner akzeptéiert, well et ebe vläicht keng aner Méiglechkeet gëtt, och politesch, mä e steet a kengem Traité! A mir hunn eng europäesch Ausseministesch, déi net „Ausseministesch“ heescht, mä eng „Héich Vertrieder“ a Vizepresidentin vun der Kommissioun, déi u sech fir d'Baussepolitik soll zoustänneg sinn, d'Madame Mogherini, déi awer do kee Rôle oder praktesch kee Rôle spillt, well Däitschland a Frankräich déi Vertriedung iwwerhuele fir d'Europäesch Unioun, awer dofir keen - weinstens vertragsgeméisst - Mandat hunn!

Mir mussen eis also froen a Krisesituatiounen: Huet d'Europäesch Unioun deen Abléck eng Legitimitéit a wéi artikuléiert sech déi Legitimitéit? Firwat d'Madame Merkel an den Här Hollande - esou gutt wéi se et mengen an esou frëndlech se och vun hire Kollege vläicht ënnerstëtzt ginn -, mä firwat dee Format, fir an deser Situatioun ze verhandelen?

Eng drëtt Fro, déi mer eis musse stellen, ass déi, ob mer e richtig Zeeche setzen, wa mer vu Waffeliwwerunge spekuléieren am Abléck oder wann den Här Juncker eng europäesch Arméi an d'Gespräch bréngt an esou enger kritescher Situatioun, wéi mer se am Abléck hunn. Datt ee kann iwwer eng europäesch Arméi nodenken, schéngt mer legitim ze sinn, och wann d'ADR déi Meenung net deelt. Mä datt een dat muss maachen an enger Situatioun,





déi awer ëmmer erëm riskéiert ze dérapéieren, dat ass eng Fro vu politescher Opportunitéit, wou ee sech wierklech muss d'Fro stellen, ob dat richteg war.

Mir mengen, et wor wahrscheinlech net richtig, fir dat an deem Abléck ze maachen, well: Wéi gëtt esou e Signal zu Moskau opgehol, wat jo awer, an ech mengen, keen heibanne stellt dat an Zweifel, e wichtege Partner an där ganzer Diskussioun ass?

Elo fir op de Fong ze goen: Ech mengen, wien déi ganz Kris wëllt verstoen, muss deen ekonomeschen Hannergrond verstoen. An et ass jo net normal, si mer dach éierlech, datt mer en Accord hei virgeluecht kréien, dee mer solle ratifizéieren, deen an zwee gedeelt ass: e politeschen Deel, deen direkt soll a Kraaft trieden, en ekonomeschen Deel, vun deem mer eréischt méi spéit decidéiert hunn, datt seng Mise en vigueur elo op Enn vum Joer festgesat ass. A wie weess, wéini e wierklech a Kraaft trëtt?

Dat weist jo awer, datt e Feeler an deem ganzen Négociationssystem bestanen huet, e Feeler an deem Accord ass, soss hätt et jo net missen zu där Zweedeelung kommen. An dee Feeler, dee geschitt ass, dat ass eben, datt déi ekonomesch Situatioun vun der Ukrain zwar an der Optik vun der Europäescher Unioun analyséiert gouf, awer net an der ganzer Komplexitéit an ouni d'Rücksicht op russesch Interessen, déi awer extrem wichteg sinn.

Firwat sinn déi wichteg? Si si wichteg souwuel fir d'Ukrain wéi fir Russland. Fir Russland wor d'Ukrain e wichtege Handelspartner um selwechten Niveau praktesch wéi d'Europäesch Unioun. Dat ass den Intérêt économique vun der Ukrain. An déi zwee Länner gehéieren zur Zone de libre-échange vun der Communauté des États indépendants. Déi zwou Economie sinn zënter de Sowjetzäite komplett anenee verstréckt.

Dat heescht, datt all Ännerung an der ekonomescher Landschaft vun der Ukrain natierlech Konsequenzen huet op d'Economie vu Russland. An dat geet ganz wäit, dat geet zum Beispill a Chaines de production: Et gëtt Helikopteren, et gëtt Fliger, déi zum Deel a Russland produzéiert ginn, dann en Deel an der Ukrain, dann erëm zrëck. Dat gëllt fir vill industriell Produkter, an all Ännerung vun der Economie, vun der Struktur vun der Economie an der Ukrain huet selbstverständlech Répercussionen op Russland.

Wann also elo d'Standard gewiesselt gi vun der Economie an der Ukrain, well se den Acquis communautaire mussen iwwerhuelen an eis Standarden applizéieren an hirer Industrie, bedéngt dat éischters enorm Investitiounen, mä et bedéngt och eng Incompatibilitéit an Zukunft tëschent der Economie vun der Ukrain a vu Russland, wat natierlech eng Perte fir Russland ass, dat sech jo och da muss ëmstellen.

Dat heescht, datt déi gemeinsam Produktioun vu verschiddene Saachen net méi ka funktionéieren. Et heescht, datt déi Produiten an der Ukrain, déi während der Iwwergangszäit produzéiert ginn, net méi kënnen écouléiert ginn an hiren traditionelle Mäert an och net hei kënnen écouléiert ginn, well se d'Standarden vun der Europäescher Unioun net erfëllen, mat där Konsequenz, datt se dann zu Dumpingpräisser an deenen anere Länner vun der Wirtschaftszon vun der Gemeinschaft vun den onofhängege State verkaaft ginn. Och dat huet negativ Répercussionen op Russland.

Dat heescht, Russland steet virun enger ganz schwéier Situation: Éischters, duerch déi gemeinsam Zollunioun, déi da soll kommen, kënnen Produite vum Weste relativ liicht a Russland kommen a russescher Produktioun op der Plaz Konkurrenz maachen. Zweetens, duerch d'Wiessele vun de Standarden kann déi gemeinsam Produktioun net oprechterhale ginn a russesch Produite kënnen jo och dann net méi an der Ukrain verkaaft gi wéi bis elo, well déi russesch Standarden net méi deene vun der Europäescher Unioun entsprechen, déi jo dann an der Ukrain gëllen. An drëtters ass et de Risiko vun engem Dumpingécoulement an der Ukrain.

Dat alles sinn eescht Considérationen a si hätte misse gekuckt ginn deen Abléck, wou deen Accord négociéiert gouf.

Ech gesinn, meng Zäit ass bal eriwwe, dofir wëll ech mech elo ganz kuerzfaassen.

Fir eis als ADR ass et kloer, datt mer wëllen och deen Accord mat der Ukrain ratifizéieren, well et ass jo am Interess vum deem Land, datt seng Economie sech verbessert. Awer mir wëllten dat maachen, wa mer e Gesamtpak hei leien hunn, fir datt mer wëssen, datt och déi rus-

sesch ekonomesch Interesse mat berücksichtegt sinn. Well dat géif och dozou bäidroen, fir déi ganz Krisensituatioun an der Ukrain ze entschärfen.

Dofir enthalte mir eis bei deem Projet iwwert d'Ukrain an hoffen, datt et méiglech ass, um Négociationsswee, deen deen eenzeg richtegen a vernünftigen ass, eng Léisung ze fannen, déi alle Partner an alle Parteien an deser Situatioun - a geféierlecher Situatioun! - awer esou wäit entgéintkënnt, datt mer dee Konflikt net méi hunn.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Kartheiser. A leschte Riedner ass den Här Serge Urbany.

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).**- Merci. Bon, Här President, ech wëll meng awer trotzdem relativ kuerz Riedezäit dozou benotzen, fir nozeweisen, dass d'Problemer zwar deelweis och op der Plaz selwer - a Georgien, a Moldawien, an der Ukrain - leien, mä dass d'Problemer awer och an de Verträge selwer leien, déi mer hei sollen unhuelen, an dass déi Verträge selwer och d'Situatioun an deene Länner méi komplizéiert maachen.

Déi Verträge heesche jo Associéierungsverträge. Mä entgéint deem, wat den Numm suggeréiert, handelt et sech ëm Verträge, déi déi europäesch Regeln aféieren an deene Länner. Et handelt sech net ëm gläich Verträge tëschent Länner.

De Rapport vun der Rapportrice seet dat och ganz onverblimmt. Et steet am Rapport dee Saz: «L'accord constitue de fait un agenda de réforme pour l'Ukraine» - déiselwecht Formulierung fënnt ee bei Georgien a bei Moldawien erëm -, «basé sur un programme exhaustif de transposition de la législation européenne dans le droit ukrainien (géorgien, moldave).»

Huele mer zum Beispill ganz konkret den Accord mat der Ukrain. 355 vu bal 465 Säiten, ouni d'Annexen, si Fräihandelsaccord. Et geet ëm d'Ofschafung vun den Handelsbarrièren, wat jo nach normal ass bei engem Fräihandelsaccord, mä et geet awer och ëm dee ganzen Deel vun den europäeschen Traitéeen, deen d'fräi Zirkulatioun vun de Wueren, vum Kapital, vun de Services, vun der Propriété intellectuelle betrëfft. Et geet ëm d'Opmaache vun de Marchés publics. Et geet ëm d'Begrenzung vun de Statshëllef an deene Länner. An och wa gewësse Sauvegarden zwar an enzelnen Accorden drastinn, handelt et sech en fait ëm de wirtschaftlechen Uschloss vun deene Länner un d'Europäesch Unioun.

De Rapport seet jo selwer: Déi Accorde gi méi wäit wéi klassesch Fräihandelsaccorden. Et muss een derbäisoen: Déi Accorde maachen am Fong geholl déi politesch-ekonomesch Standarden vun der Europäescher Unioun och zu politesch-ekonomesche Standarden vun deene Länner.

Also mam Resultat, dass bei der Öffnung vun deene Länner zu de Weltmäert, déi jo och als eent vun den Ziler hei genannt gëtt vun deenen Accorden, d'EU automatesch mat derbäi ass. An dat geet bis an déi intern Governance vun deene Länner eran. Do sollen déiselwecht makroekonomesch Prinzipie gëlle wéi an der EU, also déiselwecht eesäiteg neoliberal Reformen.

Zum Beispill den Artikel 343 vum Accord mat der Ukrain - et wonnert mech iwwregens, dass hei keen eng Duerstellung mécht iwwerhaupt zu deem, wat an deenen Accorde steet -, am Artikel 343 vum Accord mat der Ukrain steet, dass d'Ukrain alles a Bewegung setze muss, fir hir Politicke progressiv deene vun der EU unzepassen, no de Leitprinzipie vun der makroekonomescher Stabilitéit.

A wéi mer wëssen, och aus eiser eegener Erfahrung, gëtt et do e ganzen Apparat vu Kritären an Instrumenter, fir dat ze moossen, ausgericht no der Angebotseconomie, dat heescht, no den Interesse vun de privaten Investisseuren a Geldgeber, an net no den Interesse vun de Statsbudgeten, vun de Salariéen, vun de Konsumenten. Do sinn och spezifesch technokratesch Kontrolle virgesinn, e sougenannte Monitoring. An anere Wieder: D'EU deet deene Länner en ekonomesche Corset un, deen hire politeschen Handlungsspillraum an domat automatesch hir demokratesch Souveränitéit aschränkt.

An am Fräihandelsaccord ass esouguer e ganz zwéngende Mechanismus virgesinn, dat ass dee sougenannten „règlement des différends“.

Wourëm handelt et sech do? Et handelt sech ëm déi ominéis Schiedsgerichter, vun deene vill rieds geet bei internationalen Handelsaccorden, beim TTIP mat Amerika. Déiselwecht Schiedsgerichter also, géint déi an Europa d'Zi-

vilgesellschaft Stuerme leeft - Gewerkschaften, Associatiounen, Ëmweltverbänn an esou weider -, ginn hei duerch den Drock vun der EU an esou Verträge erageschriwwen.

An et versteet een dann och besser d'Verhandlungstaktik, déi jo esou geheim ass, vun de Verhandler vun der Europäescher Unioun an deene Verträge. Et versteet een da besser, firwat et eigentlech ëm d'Aféierung vun deene Schiedsgerichter geet beim TTIP, beim TiSA, obschonn no bausse gesot gëtt, dass nach doriwwer muss diskutéiert ginn. An et versteet een och besser, firwat am CETA-Vertrag zum Beispill mat Kanada déi Schiedsgerichter drastinn.

Weider wëll ech nach agoen op en aneren Aspekt vun deenen Accorden. E steet an allen Accorden dran, an dat ass deen, dass d'Ukrain, Georgien, Moldawien sech solle bedeelegen an hir Bedeelegung nach solle steigern un zivilen a militäreschen Operatiounen vun der Europäescher Unioun bei der Krisebewältigung. „Zivillen“ a „militäreschen“ steet ausdrécklech dran. A well jo d'militäresch Kooperatioun vun der EU gebonnen ass un déi mat der NATO, dat ass en Zil vum Lissabon-Vertrag, schléisst dat selbstverständlech esou eng Kooperatioun och mat der NATO mat an.

A mir wëssen och, dass déi Kooperatioun mat der NATO an der Ukrain selwer oder zum Beispill a Georgien eng Roll spillt, scho jorelaang! Iwwregens d'Ukrain war och um Irak-Krich, um illegalen Irak-Krich vun den USA, bedeelegt als „willing partner“ deemools an der Koalitioun vun deenen, déi fräiwëlleg mat den USA mat an de Krich gezu sinn, deen illegal war nom Völkerrecht.

Et handelt sech also hei, wann een d'Bilanz zitt vun deenen Accorden, ouni Zweifel ëm e souwuel strategiesch wéi politesch wéi wirtschaftlecht Abezéie vun deene Länner an dat, wat een normalerweis nennt: den „westlechen Aflosskrees“, obschonn een och doriwwer laang kann diskutéieren, well et freet ee sech, wat Australien zum Beispill oder Japan mam Westen ze dinn hunn, geografesch.

Déi Accorde reie sech och an a geopolitesch Iwwerleeungen, a mir mengen, dass déi Iwwerleeungen, déi do méiglecherweis dohannertstinn, op Dauer net kënnen friddensstëfend sinn, och wa se sech hanner wichtege a richtige Begrëffer vun Demokratie a Mënscherechter verstoppen. Well, et ass och schonn hei vun anere Riedner gesot ginn, an all deene Länner gëtt et eng komplizéiert Zesummesetzung, wat d'Populatioun ugeet wéi och d'Ausrichtung vun de Wirtschaftsrelatiounen.

Mir kennen d'Problematik an der Ukrain. A Moldawien huet eng Ëmfro d'lescht Joer erginn, dass 44% vun de Leit fir e Rapprochement mat der EU sinn a 40% fir e Rapprochement mat deem sougenannten „euraseschen Raum. D'Vollek ass also och do gespléckt. Och a Georgien gëtt et autonom Provëzen, déi éischter no Russland kucken.

Et steet eis net un, fir dat ze bewäerten, déi Fakten, déi do bestinn. Mä ech mengen, mir mussen se awer a Betruuecht zéien. An ech mengen, mir dierfen eis net als EU wéi en Elephant am Parzelläinsbuttek do verhalen. An ech mengen awer, dass mer dat deelweis maachen.

Mir kënnen duerfir, Här President, deenen dräi Accorden hei, dat si jo dräi Votten, net eis Zoustëmmung ginn, an dat aus zwou Haaptursachen:

Éischters, déi Accorden hei enthalen alles dat, wat mer un der Ausrichtung vun der Europäescher Unioun kritiséieren. A mir si fest dovun iwwerzeegt, dass déi Accorden och an deene Länner wäerte souwuel ekonomesch wéi sozial an eng Sakgaass féieren. Zum Beispill huet déi ukrainesch Regierung schonn eng ganz Rei vu Mesuren ugekënnegt, wat d'sozial Leeschtungen ugeet, den Offbau vu Leeschtungen, Entloosungen am ëffentlechen Dëngscht, Reduzéierung vun de Léin, Präiserhéijungen. Och well e Kredit dohannert ass vum Internationale Währungsfong, deen, wéi mer jo wëssen och aus anere Länner, zu esou Moosnamen zwéngt, an och d'Europäesch Unioun zwéngt zu esou Moosnamen. Dat sinn déi Reformen, déi verlaangt ginn.

Et muss een iwwregens och hei bedenken: Mir diskutéieren hei net iwwer e Bäitritt zur Europäescher Unioun. Hei ginn zwar nei Wirtschaftsraum geschafen, virun allem am Intérêt vun de westeuropäesche Länner, mä d'Leit, déi an deene Länner wunnen, kréien net am Géigenzuch den Avantage, fräi reesen ze kënnen zum Beispill, a si kréien och net den Avantage, politesch matzebestëmmen an der Europäescher Unioun.

Zweetens si mer géint déi Verträge, well déi Verträge mat deene Länner aus deene fréiere Sowjetrepubliken an där doter Form an zu där doter Zäit riskéieren, eng schonn ugespaante Situatioun weider zouzespëtzen.

Fir direkt kloerzestellen: Mir mengen net, dass Russland iergendeppes ze bestëmmen huet iwwert déi dräi Länner do. Dat menge mir net. D'Europäesch Unioun awer och net!

Mir hunn d'Annexioun vun der Krim zum Beispill ganz kloer condemnéiert. Mä et ass wuel hei an dësem Raum awer net ze contestéieren, an ech mengen, et gëtt och net contestéiert, dass den Associatiounsvertrag mat der Ukrain - an dat war virun der Annexioun vun der Krim - den ekonomeschen Hannergrond war vun enger geféierlecher Eskalationsspiral, op déi ech hei aus Zäitgrënn net kann agoen.

Et gëtt och an deenen dräi Länner grouss ekonomesch Relatiounen mat Russland, an allen dräi Länner, an an der Ukrain anscheinend souguer méi, a Prozenter, wéi mat der Europäescher Unioun.

Mir mengen duerfir, dass een d'Bréckefunktioun vun deene Länner soll betounen, dass ee keng exklusiv Handelsvertrag soll maachen. Dee Vertrag hei ass jo, wat säin Handelsundeel ugeet, deen awer zwee Drëttel vun deem Ganzen ausmécht, suspendéiert bis Enn vum Joer. Mä wann do keng Eenegung fonnt gëtt, dann trëtt en a Kraaft, well mir stëmmen en elo mat sengem ganzen Inhalt. Mir stëmmen net en Deel dovun haut, mir stëmmen de ganzen Inhalt.

Duerfir mengen ech ofschléissend, Här President, dass dës Accorden net wäerten derzou bäidroen, déi wirtschaftlech, sozial, politesch a militäresch Lag an deene Länner ze berouegen. Au contraire, si wäerte se nach verschlëmmen, an duerfir kënnen mir deen Text hei net stëmmen.

Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Urbany. An elo huet direkt den Ausseminister d'Wuert, den Här Asselborn.

**Prise de position du Gouvernament**

► **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes.**- Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, ech war perséinlech dobäi, wéi op d'Initiativ vu Polen - am September, mengen ech, war et, oder Oktober 2008 -, virun allem vun der polnescher Säit gesot ginn ass: „Bon, mir hunn de Processus de Barcelone, mir hunn d'Union pour la Méditerranée. Mir brauchen och elo eng Struktur am Osten, ausserhalb vun Europa, nämlech déi Éstlech Partnerschaft.“ An déi ass dann dunn, wéi och hei gesot ginn ass, 2009 jo zu Prag an d'Liewe geruff ginn.

Fläicht fir direkt de Sprong ze maachen elo op 2013 an den November, op déi berühmt Réunion zu Vilnius, do ass jo mat Georgien a mat Moldawien en Accord paraphéiert ginn, an d'Ukrain ass zimlech am leschte Moment ofgesprongen.

Bon, dunn ass eng aner Evolutioun komm, sou dass no de Wahlen am Mee an der Ukrain et méiglech ginn ass, fir den Associatiounsaccord mat Georgien, mat Moldawien an dann och mat der Ukrain ze ënnerschreiwen, well eng nei Regierung do war, déi domadder d'accord war.

Nun, ech mengen zu deem, wat den Här Urbany och hei évoquéiert huet, dass een net soll ze vill wäit siche goen.

Wat ass d'Zil vun deenen Accorden? Et dierf een net alles verdäiwelen. D'Zil ass et a mengen Aen, dass een am Energieberäich, dass een am Transportberäich, dass een am Ëmweltschutz, dass een an der Industrie, dass een am Mëttelstand, an der Educatioun eng besser Zesummenaarbecht kritt tëschent der Europäescher Unioun, de Länner vun der Europäescher Unioun an eben de Länner aus der Éstlecher Partnerschaft.

Ech géif och mengen, Här Urbany, mir dierfen net... Bon, intellektuell ass alles méiglech, mä TTIP, Investoreschutz, ISDS, et kéint een alles op d'Tapéit bréngen. Mä ech wëll awer hei soen, dass Investoreschutz jo vu vieren näischt Negatives ass! Investoreschutz duerch Arbitrage ka méi fair sinn, méi propper sinn, wéi wann een der Justiz aus Länner ausgiwwert ass, déi net der Rechtsstaatlechkeet entsprechen.

An och an der Europäescher Unioun gëtt et esou Länner. Ech kann lech eent nenne mat engem U, bei deem ech net sécher sinn, ob d'Justiz wierklech fräi ass, ob se souverän ass, ob se net ofhängeg ass vun der Regierung.

An duerfir, kommt, mir diskutéieren doriwwer, wa mer iwwert den TTIP schwätzen. Do kréie mer nach Geleeënheet, iwwert den ISDS ze diskutéieren. Do ass jo virun allem och vun der Zivildgesellschaft d'Kritik dorop hinachéiert, an een tëschent den USA an der Europäescher Unioun - Länner, déi alleguerde praktesch an der OCDE sinn -, ob een do deen Investoreschutz an där Form, wéi en elo besteet, brauch. Mä do si jo Aarbechten amgaangen, fir dovunner ewechzekommen.





Ech géif och ënnersträichen hei an der Chamber, Här President, dass mer déi Accorden do net nëmme mat der Ëstlecher Partnerschaft maachen, mat deene Länner, mä dass mer och amgaange sinn, mat Tunesien a mat Marokko esou Accorden auszeschaffen.

Vläicht ass dat e wéineg ze kuerz komm, ob-schonn déi Debatt hei mer ganz gutt gefall huet, mä d'Visumfräiheet ass och an deem Kader vun der Ëstlecher Partnerschaft diskutéiert ginn, fir d'Kontakter tëschent de Gesellschaften, tëschent de Leit méi ze intensivéieren. A mat Georgien an och mat der Ukrain ass de Prozess amgaangen. A mat Moldawien ass schonn e ganz gutt Resultat ze verzechnen.

Ech wëll och hei soen, Här President, dass Der beim Accord, deen Der hei an der Chamber wäert ofstëmmen, berouegt kënnt sinn, dass deen Accord och am Kapp vu kengem géint ee gericht ass! En ass och net géint Russland gericht, doudsécher net.

Vläicht kënnt Der lech drun erënneren, wann Der déi Debatt 2008-2009 suivéiert hutt, dass Russland eigentlech och gefrot gi war, fir matzemaache bei där Ëstlecher Partnerschaft. Ech muss och hei soen, dass leider d'Europäesch Union a mengen Aen net genuch insistéiert huet, leider, wann een d'Entwécklung kuckt, wat fir eng Tournure dass se kritt huet.

Wat Russland ugeet, vläicht nach ee Wuert: Mir haten 2005, wéi Der wësst, déi lescht Présidence. An do hu mer, do huet de Premierminister Juncker déizäit - dat war jo nach deen ale Regime - als Vertrieeder vum Conseil vun der Europäescher Union zu Moskau am Mee, genee den 9. Mee 2008, fir d'Europäesch Union mam President Putin déi véier „space agreements“ ënnerschriwwen, wat schonn en imment Stéck war no vir an der Kooperatioun tëschent der Europäescher Union a Russland.

A mir waren um Punkt - mir waren um Punkt! -, mir hunn 2008 ugefaange mat engem vill méi déiwen Associatiounsaccord mat Russland, dee vill méi déif nach war, wéi dee mat deenen dräi Länner, deen Dir zum Vote hutt. Bon, dat ass dann du gescheitert, well d'russesch Sait eng aner Direktioun geholl huet, nämlech fir déi ekonomesch Union mat Wäissrussland a mat Kasachstan an och mat Armenien, déi jo haut dra sinn, ëmzesetzen.

Vläicht ass och wichteg, dass mer als Lëtzebuerger ëmmer erëm widderhuelen: D'Noperschaftspolitik an d'Politik fir den Elargissement, also d'Erweiterungspolitik, dat sinn zwou verschidde Saachen, och wann natierlech déi eng déi aner net ausschléisst vu vireran. Mä mir hunn och an der Terminologie elo fir Riga dee richteg Wee fonnt, wou selbstverständlech gesot gëtt, dat wier net dee leschte Schrëtt an der Zesummenaarbecht tëschent deene Länner an der Europäescher Union. Mä do gëtt et eng grouss Nuance oder grouss Differenzen, wann ech esou därer soen, an der Europäescher Union, wat déi méi ëstlech Länner ugeet a wat d'Pays fondateurs zum Beispill ugeet, wat ee soll aus der Noperschaftspolitik eraushuelen.

Ech wëll vläicht ganz kuerz och dann op déi verschidde Punkten nach hei agoen. D'Europaparlament huet, wéi Der wësst, déi dräi ratifizéiert am September, am November an am Dezember. A vläicht liesen ech lech och déi Länner vir, déi scho ratifizéiert hunn: Bulgarien, Dänemark, Estland, Lettland, Litauen, Malta, Rumänien, Schweden an d'Slowakei. An et sinn néng Länner esou wäit wéi mir, fir dat och elo ze maachen an den nächste Wochen: Irland, Ungarn, Polen, Spuenien, Kroatien, Finnland, Frankräich, Holland a Groussbritannien.

Dat heescht, ech wëll wierklech am Numm vun der Regierung lech Merci soen, dass mer och virum Sommet vu Riga dee staarke Message hei ginn, an ech wëll der Madame Claudia Dall'Agnol Merci soe fir hir Aarbecht hei, a selbstverständlich och dem Här Angel, deen hoffentlech ganz séier erëm op d'Bee kënnt an an Zukunft och net fäert, fir erëm an e Bus ze klammen.

#### (Hilarité)

Här President, Georgien. Georgien: d'Rechtsstaatlechkeet, d'territorial Integritéit, d'Demokratie, de Respekt vun de Mënscherechter, dat si Valeuren, déi mer wëlle wierklech mat deene Länner méi deelen. An dat ass vun enger enormer Wichtigkeet an enger Regioun, wou nach immens vill Konfliktpotenzial besteet, wéi Der dat wësst, am Südkaukasus. Tbilissi zum Beispill hat e President, dee gewësse Particularitéiten huet. Mä dat huet sech awer alles geluecht. An déi europäesch Normen, wa mer mat hinnen driwwer schwätzen, si kritiséieren eis, mir kritiséiere si vläicht, mä et kënnt een awer virun domat.

Ech mengen awer och, et war ugeschwat ginn och hei, wat d'Resultat wiere bis elo. Ech kann lech just matdeelen, dass e Plus vu 50% - vu 50%! - am Commerce de Moment schonn

ze verzechnen ass mat Georgien.

Wat Moldawien ugeet, do ass alles richteg hei gesot ginn. De Méindeg hate mer zu Bréissel eng Réunion vun den Ausseministere mat der neier an aler Ausseministesche Natalia Gherman. De Premierminister, eise Premierminister huet och de Premierminister vu Moldawien gesinn. Bon, ech hoffen, dass déi nei Regierung an deem nämlechte Sënn viruifert wéi déi virun. Et ass en anere Premier do, mä och a Moldawien ass et esou, dass d'Korruptioun - d'Korruptioun -, fir dass de Stat ka fonctionnéieren, un alleréischter Plaz steet.

Hei si mer bei de Visumliberaliséierungen. Här President, do sinn 300.000 Moldawen, déi hunn, zënter dass dat a Kraaft ass, d'Europäesch Union besicht, ouni grouss Problemer. An och dat ass eppes, mengen ech, wat een awer muss positiv kënnen ervirsträichen. Och: D'Moldawen hunn 2.000 europäesch Standarden elo adoptéiert, dat sinn 11% vun alle Kritären, déi an deem Accord virgesi sinn. Wat d'Exportatiounen ugeet vu Moldawien an d'Europäesch Union, esou si se ëm 20%, Här Adam, schonn eropgaangen, a souguer ëm 31% an dem Beräich vun de Landwirtschaftsprodukter.

Bon, Moldawien: Deen Accord ass gemaach fir déi ganz Republik Moldawien, och fir Transnistrien, well 80% vum Commerce vun der Regioun gi mam Rescht vu Moldawien an d'Europäesch Union eragefouert.

Nun zu der Ukrain e Wuert oder zwee. Also, den Här Gusty Graas huet dat jo ganz fein hei gesot: „D'Diplomatie muss de Lead hunn.“ Bon, an der Aktioun, mä natierlech muss een och, wann ee vläicht net am Parlament ass, mä an enger Regierung ass, sech dann e wéineg bezähmen.

Mä ech géif dat heite soen: D'Ukrain ass, Här Mosar, doudsécher keng ideal Demokratie. Do si mer eis eens. Mä - mä! - ech soen lech awer hannendrun: Et gëtt awer keng Ursaach, dass d'Ukrain sech et muss gefale loosse, militäresch destabiliséiert ze ginn! Dat, mengen ech, muss mer awer an eiem Kapp hunn, wa mer iwwert d'Ukrain schwätzen. Do ass eppes geschitt, a mengen Aen, wat awer trotzdem géint d'internationaalt Recht geet.

Den Här Kartheiser huet gesot, et sollt een net vun Annexioun schwätzen, mä d'internationaalt Recht erlaabt net, dass ee mat militärescher Gewalt een Deel vun engem Land ewechhëlt an et domadder annekéiert. Wann dat d'Regel ass, da si mer an engem Domän, wou d'Gesetz vun deem Stärkste priméiert, an ech mengen, als klengt Lëtzebuerger Ländchen hei solle mer wierklech ganz, ganz gutt oppassen, wa mer dat kommentéieren. Dat ass dat, wat et ass, net méi, awer och net manner. An duerfir: Loosse mer do vläicht och hei an der Chamber eng Linn drabehalen! Dat ass op jidde Fall meng Iwwerzeegung.

Ech mengen och, dass deen Associatiounsaccord e wichteg Signal ass vu Solidaritéit mat der Ukrain. Bon, et kann een de Majdan interpretéieren, wéi ee wëllt. An ech géif och direkt soen, fir verschidde Kriticken, déi hei opbruecht gi sinn, och mat ze deelen: War et richteg, war et falsch, dass d'Europäesch Union am Fong viru Vilnius d'Ukrain virun de Choix gesat huet, entweder Russland oder Bréissel, entweder Russland oder d'Europäesch Union? A mengen Ae war dat net ganz richteg!

Mir hunn dat aus enger Perspektiv deemools gesinn, dass ee gesot huet: Et muss een Drock opbauen. Et muss een dat maachen, soss gëtt dat näischt. Dir hutt gesinn, dass Armenien ofgesprongen ass an deem Moment. Mä trotzdem, haut gëtt et jo awer e ganz anere Reflex vis-à-vis vun Armenien. Wa mer elo op Riga ginn, gëtt versicht, fir Armenien erëm iergendwéi mat an d'Boot eranzekréien. An ech mengen, dat ass op jidde Fall meng Iwwerzeegung, wann een haut dat ze maachen hätt, géif ee mat méi enger grousser Sensibilitéit dorun eruegoen. D'Ukrain ass russesch, an d'Ukrain ass och europäesch. An ech mengen, dass mer an der Union do wollten eng Trennlinn maachen, déi net fonctionnéiert huet.

Bon, Dir wësst, dass Gewalt Géigegewalt produzéiert huet an der Ukrain. Dorobber brauch ech net anzegoen an ech sinn och effektiv mat jiddwerengem d'accord, dee seet, dass de Problem haut vun der Ukrain selbstverständlech awer un alleréischter Plaz déi Destabiliséierung ass. Wann een an esou engem Land ze liewen huet, wou bis elo 6.000 Leit gestuerwe sinn, wou Honnertdausenden op der Flucht sinn, da muss een domadder ufänken: An der Ukrain ass Krich! An der Ukrain ass militäresch agegraff ginn, an ech mengen, d'Souveränitéit vun der Ukrain, et muss ee ganz kloer ënnersträichen, dass dat géint dee Prinzip geet!

Natierlech ass de Problem vun der Ukrain d'Korruptioun. Ech hoffen, dass och wat d'Ver-

fassung ugeet, dass wat d'Wahlrecht ugeet, dass do jo en Usaz elo do ass, dass déi Reforme weidergedriwwt ginn. A mir hunn dat bei alle Geleechtheeten och als Europäesch Union eise Partner vun der Ukrain matgedeelt.

D'Fro, déi sech gestallt huet - ech mengen, et war den Här Kartheiser: Firwat d'Normandie-Format? Bon, do kéint ee laang driwwer streiden, ob dat richteg ass oder falsch ass. D'Resultat, dat mer awer trotzdem erauskritt hunn, ass, dass Däitschland a Frankräich um Niveau vun hire Presidenten et fäerdegbruecht hunn - wat héchstwahrscheinlech keen aneren an der Struktur vun der Europäescher Union fäerdegbruecht hätt -, fir dat Minsk II do op d'Been ze kréien.

Ech hat mer e Méindeg erlaabt, fir ze soen, dass Minsk II eng ganz zaart Planz ass, déi een net därer ofbriechen, wou ee muss ëmmer erëm Waasser derbäischëdden, fir dass se wiisst. Rien n'est fait! Et sinn och no Minsk II, nom - de wéivillte war et, den 13. Februar, 11. Februar? - nach vill Leit ëmkomm an där Regioun. Mä trotzdem muss een awer festhalen: Déi schwéier Waffen - an der Tendenz - schéngen awer ewechzekommen. Et sinn Efforte gemaach ginn, fir d'Prisonnéier ze libéréieren.

A wann dat och gemaach gëtt, wat jo eigentlech den „core“ dovunner ass, dass d'OSZE d'Méiglechkeet kritt, vu 500 op 1.000 Observateuren ze kommen, da mengen ech, dass awer och eng kleng Chance do ass, fir dass op jidde Fall emol d'Waffe rouen! A wann d'Waffe bis rouen, dass een dann an eng Situatioun erakënnt, wou kënnen och politesch Gespräicher da gefouert ginn, wat ee mat deem Deel vun der Ostukrain mécht.

Ech géif warnen do virun, dass mer do einfach akzeptéieren, dass dat en zweet Transnistrien gëtt oder en zweet Abchasien gëtt. Wann dat d'Resultat ass, dann huet och d'Europäesch Union mat versot! Et ass evident, an duerfir kéint ech mer awer virstellen, dass - an ech soen nach e Wuert zu de Sanktiounen - wierklech och mer probéiert hunn, deen Drock opzebauen op Russland, fir dass déi Stabilitéit vun der Ukrain erëm kann hiergestallt ginn.

Dir hutt hei indirekt d'Sanktiounen ugeschnitten. D'Sanktiounen, emol virewech, dat ass ee Moya, een Instrument vun der Diplomatie. Sanktiounen stinn zu New York an der Charte des droits de l'Homme mat um Fächer vun all deene Méiglechkeeten, déi een huet.

Mir hunn de Moment véier Zorte vu Sanktiounen: Déi éischt Sanktiounen, déi mer decidéiert haten, dat waren déi géint de Janukowytsch a géint verschidde Leit a sengem Krees ronderëmmer. Déi sinn elo verlängert gi bis de 6. März 2016.

#### (Interruption)

Jo?

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Jo, Här Minister, Är Zäit leeft fort...

► **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes.** - Dann halen ech op, dann halen ech op! Merci.

#### (Brouhaha)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Neen, maacht d'Konklusiounen!

► **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes.** - Neen, ma neen!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Maacht d'Konklusioun, wann Der wëllt.

#### (Interruption)

► **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes.** - Neen, ech muss net hei.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Neen, Dir maacht d'Konklusioun, mä Dir hutt...

► **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes.** - Neen, neen, ech wollt...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Et ass nun emol d'Reglement an dat gëllt fir jiddweren.

► **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes.** - Neen, also ech respektéieren Äert Règlement. Wann Der mer nach zwou Minutte gitt, Här President,...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Wann d'Chamber domat d'accord ass?

► **Plusieurs voix.** - Jo!

► **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes.** - ...dann huelen ech déi véier Sanktiounen, d'accord?

► **Plusieurs voix.** - Bien sûr!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Voilà, do gesitt Der!

► **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes.** - Dir sidd mëtsch-gieweg!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Dir musst net direkt ophalen.

► **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes.** - Sou, déi éischt... Ech muss elo erëm eng Keier ufänken, soss verstëtt Der näischt.

#### (Hilarité)

Déi éischt Sanktiounen ware géint de Janukowytsch - da lauschtert! -, déi si verlängert elo de Moment bis de 6. März 2016. Déi zweet Sanktiounen ware géint d'Separatisten a géint den „inner circle“. Déi si verlängert bis de 15. September 2015. Déi drëtt Sanktiounen waren en rapport vun der Krim - et deet mer leed: vun der „Annexioun“ vun der Krim -, déi sinn och fir ee Joer verlängert. Bis den 23. Juni 2014 hu se gezielt, déi ginn ee Joer verlängert bis dann ee Joer do duerno.

An da kommen déi wichtegst, dat sinn déi sektoriell Sanktiounen, d'Sanktiounen, déi verschidden ekonomesch Gebidder betreffen. Déi sinn decidéiert ginn den 31. Juli 2014 an déi gëlle bis den 31. Juli 2015.

Sou, mir - Lëtzebuerg, entgéint aneren an der Europäescher Union - hunn eis derfir staark gemaach an deene leschten Deeg - an ech hoffen, dass dat och d'Resultat ass vum Conseil européen -, dass mer elo de Moment am März um Conseil européen keng Décisioun doriwwer huelen, dass mer déi huelen am Juni an dass mer also Sputt hunn, fir ze kucken, wéi Minsk evoluéiert.

Dat ass d'Positioun vun der Lëtzebuerger Regierung. Et ass och d'Positioun vun anere Regierungen. Net vun allen. Et ware Länner do, geschter nach zu Bréissel, déi gesot hunn, mir missten eigentlech elo direkt déi Sanktiounen verlängere fir e Joer. Dat ass net eis Positioun. Ech wollt dat just hei soen.

Mir sinn als Lëtzebuerg solidaresch ëmmer gewiescht mat deenen Décisiounen a mir bleiwen dat och an Zukunft. Mä mir mengen awer, dass d'Sanktiounen géint Russland oder géint..., virun allem géint Russland jo keng Fin en soi sinn, mä dass et e Mëttel ass, fir Bewegungen eranzebréngen, a wa Bewegung erakënnt, wann de Friden eng Chance kritt, dass een da selbstverständlech och muss iwwert d'Sanktiounen nodenken, op Englesch gesot, iwwert den „reverse“ vun de Sanktiounen.

Merci, Här President, an entschëllegt!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Kee Problem. Dir gesitt, wéi interesséiert d'Chamber un der Aussepolitik ass. A wann et muss sinn, kritt den Ausseminister dann eben e puer Minutte méi. Merci.

Domat si mer um Enn vun den Diskussiounen ukomm. Ech géif lech proposéieren, esou wéi dat soll sinn, eenzel iwwert déi Projeten ofstëmmen. Fir d'Éischt de Projet 6730 betreffend Georgien.

#### **Vote sur l'ensemble du projet de loi 6730 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen an dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriwwer.

Deen Accord ass mat 58 Jo-Stëmmen, bei 2 Nee-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Nancy Arendt) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.





Dispens vum zweete Vote?

**(Assentiment)**

D'accord. Merci.

Da komme mer zum Accord betreffend Mol-dawien. Dat ass de Projet 6731.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6731 et dispense du second vote constitutionnel**

Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An de Vote ass eriwwer.

Datselwecht Resultat: 58 Jo-Stëmmen, 2 Nee-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Nancy Arendt) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel (par M. Alex Bodry), Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

D'Dispens vum zweete Vote, sidd Der d'accord?

**(Assentiment)**

Dann ass dat esou décidéiert.

An dann dee leschten Accord ass dee betreffend d'Ukrain, de 6732.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 6732 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmung fänkt un. D'perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An de Vote ass ofgeschloss.

De Projet ass ugehall mat 55 Jo-Stëmmen, 2 Nee-Stëmmen an 3 Abstentiuonen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Martine Mergen) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel (par M. Alex Bodry), Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

An nach eng Kéier: Dispens vum zweete Vote?

**(Brouhaha)**

Jo?

► **Plusieurs voix.** - Jo!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Dann ass dat och esou décidéiert.

Da komme mer zum leschte Projet vun de Mëten. Do geet et ëm de Projet 6598. Et ass de Finanzementsprojet fir d'Bauaarbechten un der ZithaKlinik an d'Madame Cécile Hemmen als

Rapportrice huet direkt d'Wuert.

### 9. 6598 - Projet de loi autorisant l'État à participer au financement des travaux de modernisation et d'extension de la ZithaKlinik

**Rapport de la Commission de la Santé, de l'Égalité des chances et des Sports**

► **Mme Cécile Hemmen (LSAP), rapportrice.** - Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - De Modell 1, wat d'Riedezeit ugeet.

► **Mme Cécile Hemmen (LSAP), rapportrice.** - Jo. Merci villmools.

Här President, Dir Dammen an Hären, Madame Minister, Här Ausseminister, mat Ongedold gëtt dësen Dag vum Vote hei an der Chamber erwaart. Bestëmmt net nëmme vun de sëllege Patienten, déi elo scho joran joraus an d'ZithaKlinik ginn a sech eng séier Modernisatioun vun dëser Klinik erhoffen. Neen, och d'Fondation des hôpitaux Robert Schuman, där d'ZithaKlinik zanter der Fusioun 2014 ugehéiert, huet an engem Schreiwes drun erënnert, dass d'Ausbauaarbechten eigentlech ganz uewen op der Prioritéitslëscht stoungen, wéi mer am November d'lescht Joer hei iwwert de Plan hospitalier débattéiert hunn.

De Projet de loi, deen de Stat soll autoriséieren, fir sech um Finanzement vun de Moderniséierungs- an Ausbauaarbechte vun der ZithaKlinik ze bedeelegen, gouf am Juli 2013 an der Chamber déposéiert. Den 8. Oktober huet de Conseil d'État du säin Avis derzou ofginn.

Dass d'Aarbechten an der Kommissioun zu dësem Projet awer dunn net direkt konnten traitéiert ginn, hat allerdéngs dermat ze dinn, dass de Concept médical, deen dem Gesondheitsministerium am Virfeld pour approbation sollt zougestallt ginn, nach ëmstridde war. Eng Mediatioun huet sech dunn där Saach ugehall an eréischt am November 2014 ass de Concept du vum Groupe Hôpitaux Robert Schuman validéiert ginn.

Den 10. Februar 2015 hat ech dunn d'Éier, fir Rapportrice genannt ze gi vun dësem Projet, an den 11. Mäerz ass de Rapport unanime ugehall ginn.

Den Objet vum Gesetz ass eigentlech ganz séier résuméiert. Et geet drëms, fir dem Stat gréng Luucht ze ginn, fir sech mat ronn 55,6 Milliounen Euro un den Aarbechte vun der ZithaKlinik ze bedeelegen.

Firwat muss dann elo eigentlech esou ee spezifesch Gesetz gestëmmt ginn? Abee, dës Décisioun berout ënner anerem op dem Finanzéierungsgesetz vum 21. Juni 1999, wou de Statsrot e puermol drop higewisen huet, dass all eenzelne Projet säi Gesetz a seng eegen Enveloppe financière sollt kréien an net an engem globale Montant vu verschiddenen Investissementen gruppéiert sollt sinn.

Zanter dem Januar 2011, wou d'Gesetz vum 17. Dezember 2010 iwwert d'Reform vum Gesondheitswesen a Kraaft ass, gëtt den Artikel 80 vum modifizéierte Budgetgesetz applizéiert, dee seet, dass all Réalisatioun um Niveau vun den Infrastrukturen oder Gebaier, wou d'Zomm vu 40 Milliounen iwwerschritt gëtt, iwwer e spezifesch Gesetz muss autoriséiert ginn. A mat dësem Projet si mer deemno an dësem Cas de figure.

E kleng Réckbléck soll drop hiweisen, dass d'ZithaKlinik oder d'Clinique Sainte-Thérèse schonn déi Blesséiert am Éischte Weltkrich opgehall huet, an ëm 1925 sinn déi éischt Spidolsinfrastrukturen hei entstanen. No an no huet d'Gebai evoluéiert an zielt haut 226 Kliniksbechter, mat engem derzougehéierenden techneschen Equipement an 30 Plaze fir d'Rééducation gériatrique.

Onnëtz op dëser Plaz ze soen, dass trotz all den Efforten, déi am Laf vun de Jore gemaach goufen, et elo wierklech héich Zäit gëtt, fir eng global Modernisatioun an d'A ze faassen an esou den Exigence vum Confort vun de Patienten bis hi bei d'Sécherheets- an d'Hygiënesmoossnamen (veuillez lire: d'Sécherheets- an d'Hygiënesnormen) nozekommen.

Ech erënnere drun, dass d'ZithaKlinik am Spidolsplang vun 2009, deen de Moment jo nach en vigueur ass, ëmmerhin aklasséiert ass als Hôpital général, wou d'Aktivitéite spezifesch op déi medezinesch a chirurgesch Prise en charge fir déi Erwuessen ausgeriicht sinn.

De Projet vum neie Spidolsplang, deen den 11. Februar am Regierungsrat guttgeheescht gouf an elo beim Statsrot läit, considéréiert natierlech d'Fusioun vun der ZithaKlinik mat der Fondation François-Elisabeth, déi elo zesumme mat der Clinique Dr. Bohler, dem Hôpital Kirchberg an der Clinique Sainte-Marie vun der Fondation des hôpitaux Robert Schuman géréiert gëtt.

Aus dësem Projet geet ënner anerem ervir, dass op den 1. Januar 2017 ronn 600 Kliniksbechter

solle virgesi ginn, géintwuer 631 am Joer 2014, mat deenen de Grupp bis elo geschafft huet.

Et ass deemno eng absolutt Nécessitéit, dass d'ZithaKlinik elo op schnellstem Wee Moderniséierungs- an Ausbauaarbechten an Ugrëff hëlt, an dat ganz am Sënn vum Confort vum Patient, der Moderniséierung vun de medico-technesche Servicer an der Augmentatioun vun de Capacitéite fir ambulant Traitement. Dat heescht, sech méi Moyene ginn, fir de kuerzen Dagesopenthalt mat dem derzougehéierenden Ofbau vun de stationäre Better.

Opgrond vun engem gutt iwwersichtleche grafesche Plang hunn d'Membere vun eiser Santéskommissioun d'Aarbechten an hire verschiddenen Etappe gewisen an och erkläert kritt.

D'Préparatiounsarbechte beinhalten d'Schafe vun engem neie Service de Dialyse, eng provisoresh Zesummeleeeung vun den zwee Sitte mat den Operationsbléck an dem Schafe vun engem provisoresh Service fir Endoscopien.

Weider Etappe sinn dann d'Ofrappen an och den Opbau vum Gebai an der Antwerpenerstrooss, wou nieft de Parkplazen am Sous-sol, an och soss Raim fir d'Hausstechnik, nei Servicer wäerten hikommen, wéi Röntgen oder awer d'Endoscopie, en neien Operationsblock, en Hôpital du jour an zwou modern Unités de soins.

En drëtte Volet ass d'Mise en conformité vun de bestehende Gebailechkeeten. Den Ausbau vun der Policlinique an d'Schafe vun engem neie Reanimatiounsservice an enger Intensivstation.

Et ass deemno esou, dass véier Gebailechkeeten haaptsächlech moderniséiert a vergréssert ginn an dass dat sougenannte Gebai E, de Centre médical, duerch eng komplett nei Konstruktioun ersat gëtt. Sämtlech Aarbechten an der ZithaKlinik solle viraussichtlech 2020 ofgeschloss sinn.

Den initiale Gesamtpräis, deen de Fonds pour le financement des infrastructures soll iwwerhuelen - an ech referéiere mech do un de Chiffre, dee mam Accord vum Statsrot op Oktober 2014 indexéiert ass -, läit bei ganz präzisen 69.364.773 Euro.

E Virfinanzement vu ronn 13,8 Milliounen huet scho stattfonnt, an dat op Basis vum Gesetz vum 21. Juni 1999 iwwert d'Finanzéierung vu Modernisatiouns- a Bauaarbechten u Spidolsgebaier. Deemno bezitt dat heite Gesetz, iwwert dat mer haut elo wäerten ofstëmmen, sech op de Montant vu präzisen 55.593.942 Euro, indexéiert op den 1. Oktober 2014.

Firwat ass dann elo de Projet an der ZithaKlinik esou wichteg iwwerhaapt an der ganzer Spidolslandschaft zu Lëtzebuerg?

Ech erënnere dofir nach eemol un de Concept médical, dee verlaangt war, ier de Projet iwwerhaapt konnt säi Wee goen. Dës Oplo ass ze gesinn am Kader vun der Reform vum Gesondheitswesen zu Lëtzebuerg. D'Regierung ënnersträicht domat hire Wonsch, dass muss verhënnert ginn, dass all Klinik déiselwecht Servicer ubitt an dass et dann zu enger onkontrollierter Offer an de Spideeler kënt.

Am Kontext vun eise Gesetz vun haut wéilt ech d'fir just d'Servicer vun der ZithaKlinik eraussträichen, déi sech awer an dat ganz Konzept vun der Fondation des hôpitaux Robert Schuman arien.

D'Missionen an d'Schweierpunkte vun der ZithaKlinik leien deemno um Service viscéral an Oncologie, d'Unité tête et cou, de Service gériatrie, d'Policlinique, d'Soins intensifs, d'Imagerie an d'Activités opératoires.

Et ass wichteg, dass d'ZithaKlinik duerch seng geographesch Situatioun am Quartier vun der Gare an der Stad och weiderhi mat der Policlinique seng Aufgab an der Médecine de proximité iwwerhëlt.

Et fält vläicht op, dass de Service vun der Psychiatrie net opgefouert ass. Déi Kompetenz ass um Kierchbiereg ënnerbruecht. Mä et sief awer drop higewisen, dass d'Leit mat engem Problem vun Offhängegkeet och weiderhin an der ZithaKlinik am Centre d'addictologie opgehall ginn.

Hei nach e puer Zuelen: Ech hat scho vun de globale Bettenzuele geschwat fir dee ganze Groupe FHRS. Fir d'Zitha bedeit dat, dass am ambulante Beräich d'Zuel vun de Plaze vun 19 op 38 soll eropgoen an d'Kliniksbechter ginn deemno vun 226 op 204 erof.

Fir de Service vun der Dialyse geet et vun 11 op 13 Plazen erop. D'Better respektiv d'Places de repos no enger Endoscopie gi vu sechs op acht erop. D'Zëmmere ginn no den aktuellen Norme gebaut an och opgebessert an et sinn och véier Isolatiounszëmmere virgessinn.

An der Policlinique wäerten et méi Ënnersuchungsraum ginn an déi ginn och regruppéiert. D'OP-Bléck ginn och regruppéiert an et bleiwen der och an Zukunft nach sechs.

D'Unzuel vun de Röntgeraim ännert net, si ginn awer de jëtzege Normen no adaptéiert.

D'Gesamtfläch geet vu 15.916 m² op prezis 19.007 m² erop, wat eng Vergréisserung vu ronn 20% ausmécht fir dësse Projet.

Wat d'Avisen ubelaangt: De Statsrot hat keng speziell Awendungen zu dësem Gesetzesprojet a war mat der Adaptatioun vum Präis un den Index vum Oktober 2014 averstanen.

D'Commission permanente fir de Spidolssecteur huet de Projet op seng Legalitéit an op seng Funktionalitéit an d'Conformitéit mam finanziellen Kader gepréift an huet och e positiven Avis dozou ofginn.

De Collège médical huet de Projet och favorabel aviséiert, mä huet awer d'Fro opgeworf iwwert de Sënn vun esou engem héijen Investissement fir en Etablissement, wat jo eigentlech fusionéiert huet.

Här President, léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, et bleift mer nach lech de Rapport ze maache vun deem, wat an der Kommissioun diskutéiert gouf.

Zum enge ware mer eis alleguerten eens, dass mer et hei mat engem wichtege Projet ze dinn hunn, dass d'Investissementen an d'Spidolsstrukturen onbedéngt misste gemaach ginn, an dat an deem Sënn och, well d'Gesetz relativ séier misst an deem Sënn ëmgesat ginn. Voilà, dat heescht, mir sollten dat eigentlech och dann an der Urgence traitéieren.

Dass d'ZithaKlinik seng Plaz op der Gare an der Stad huet an och wéinst de Soenen an der Proximitéit do soll behalen, dat war och e weidere Punkt, iwwert dee mer eis alleguerte séier eens waren.

De Projet huet eis awer och nach eemol d'Geleeënheet ginn, fir iwwert de Virage ambulatoire ze diskutéieren, wou ervirgehewe gouf, dass et gutt wier, wann op Landesniveau eng Linn géif ausgeschafft ginn, fir d'Bettenzuel ze reduzéieren an net onbedéngt au cas par cas.

Des Weidere missten och d'Patiente sensibiliséiert an och encouragéiert ginn, fir sech - an dat esou wäit wéi et méiglech ass - ambulant behandeln ze loossen. An deem Kontext wier et och wichteg, dass den Encadrement vun de Patienten no enger ambulanter Interventioun stëmmt, eng Aufgab vum Fleegepersonal, wat an der Reform vun der Assurance dépendance muss mat eraflëssen.

An ëmmer nach am Beräich vun den ambulante Behandlungen ass och driwwer geschwat ginn, dass den Transport e wichtege Facteur ass. An dozou kann ech lech soen, dass d'ITM an och d'Émweltverwaltung hir Stellungnahm doriwwer un d'Architekten weidergeleet hunn.

Dass de Virage ambulatoire vill diskutéiert gouf, huet net zulescht och domat ze dinn, dass d'Fondation des hôpitaux Robert Schuman elo schonn dës nei Organisatioun mat an de Projet vun den Aarbechte vun der ZithaKlinik aflësse gelooss huet.

Natierlech gouf och iwwert d'Sue geschwat an der Kommissioun. Zum engen iwwert d'TVA-Erhéijung vu 15% op 17%, déi jo elo natierlech voll op dësse Gesetzesprojet wäert falen. An doriwwer eraus och nach op déi eng Millioun, déi nach opsteet vum Prefinanzement.

Et ass och nach vläicht wichteg ze wëssen, dass och fir dësse Projet ronn 5% virgesi si fir Imprévues. Well mer et hei jo awer net nëmme mat engem Neibau, mä och mat Transformationsaarbechten ze dinn hunn, ass et op dësem Stadium nach ze fréi, fir sech festzeleeën, ob dësse Spillraum vu 5% och duergeet.

D'Membere vun der Kommissioun waren och gewuer ginn, dass während den Aarbechten d'ZithaKlinik normal wäert funktionéieren an dass och alles drugesat gëtt, dass d'Leit aus der Noperschaft esou mann wéi méiglech ënnert dem Chantier wäerten ze leiden hunn. Och krute mer confirméiert, dass eng zentraliséiert Apdikt an en zentraliséierte Labo virgesi sinn.

Voilà, souwäit dat, wat ech lech zu dësem wichtege an och dréngende Projet ze soen hunn. Wéi schonn éinescht gesot, gouf de Rapport unanime an der Kommissioun ugehall.

Ech soen alleguerten de Membere vun der Kommissioun e grouse Merci fir déi flott Diskussiounen an déi konstruktiv Zesummenaarbecht. An ech ginn heimadder dann och den Accord vu menger LSAP-Fraktioun.

Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci